culaire maachen, wéi dass een déi Artikele soll interpretéieren. A wéi ech lech elo gesot hunn, fir de 27 kënnt en neien Text, mä de 34 ass, wéi ech sou gäre soen, kloer wéi Bulettszopp. Well den Artikel 34 huet als Objet, d'Cessioun vu Fongen a Plans d'aménagement particuliers fir Aménagements publics ze maachen - den Objet ass also kloer.

A wéini spillt dat? Ma dat spillt an dat steet do: «…les terrains compris dans les plans d'aménagement particulier et qui sont réservés à des constructions pour aménagement public propre au plan d'aménagement particulier doivent être cédés à la commune». Dat ass d'generell Regel. Dat heescht, et muss een also hei e Kumulativ hu vun op där enger Säit e PAP an op där anerer Säit muss d'Gemeng de Wëllen hu fir hei Aménagements publics, Reserven ze maachen. A wann dat de Fall ass, da spillt deen Artikel an da kommen déi Regele mat 25%, respektiv mat Gelder, déi dat da kompenséieren an esou weider.

Wann Dir awer an enger klenger Strooss dräi kleng Haiser hutt an Dir sot: Ech wëll elo eng Résidence dohinner maachen. Da rappt Dir déi dräi Haiser of, Dir maacht e PAP fir dat ze maachen. Da kann de Buergermeeschter, wann e wëllt, nach 25% froen, mä hie muss dat awer guer net wëllen, well hie mécht jo elo keng Mise en réserve vun Aménagement public, sou dass also do wierklech d'Autonomie communale spillt. De Buergermeeschter décidéiert, ob en dat wëllt huelen. Wann e Buergermeeschter éierlech ass a korrekt ass, da seet en: Ech brauch keng 25%, well deen Terrain ass an der Rei an ech dat dohinner baue kann, an hie baut et. Also spillt déi Regel vu 25% nëmme wann Aménagements publics getätegt ginn, an duerfir ass den Artikel 34 u .sech kee Problem an dee muss een och esou interpretéieren. A wann dat och dann als Circulaire esou op d'Gemenge geschéckt gëtt, mengen ech, wier dat iwwerhaapt kee Problem.

Dann d'Artikelen 105 an 106, mengen ech, sinn ugeschwat gi vun de Kolleege vun der Demokratescher Partei. Dat ass och éischter technesch. Do ginn am Fong geholl déi Plans de lotissement an de Relotissement geféiert an der Mesure d'exécution an u sech sinn et keng, déi kéint een dofir och bei d'PAPe schreiwen, mä inhaltlech ass awer do kee Problem. Wou e Problem nach ass, deen een och kann an Ugrëff huelen, ass den Artikel 109, wou drasteet, dass déi Gemenge vun 10.000 Leit un „sont tenus d'avoir un service technique communal comprenant au moins un architecte ou un ingénieur diplômé qualifié en aménagement du territoire et en urbanisme". Dat ka vläicht e bësse staark sinn. Do kann ee vläicht en „ou" drasetzen, wat da méi Méiglechkeete gëtt, well déi Persoun muss dann onbedéngt kumulativ déi zwee Kritären hunn.

Mä dat léisst sech diskutéieren, sou dass ech ka soen, dass mer am Fong geholl just kleng Problemer hei hunn an dass mer sécherlech an deenen nächsten Deeg et wäerte fäerdeg brëngen dëst Gesetz esou hinzekréien, dass et ganz funktiounsfäeg ass an dass et deene Leit, déi vill Erwaardungen dra setzen, gerecht gëtt. Ech soen, et ass dat zweetwichtegst. Et ass an engem gewëssene Sënn e Paradigmewiessel, wéi den Här Gira gesot huet, mä ech mengen dass mer wierklech hei kënnen Neel mat Käpp maachen - déi Problemer mat de Gaardenhaisercher, wou der ugeschwat hutt -, well all Konstruktiounmuss eng Autorisation communale hunn, dat soll een diskutéieren. Mä ech sinn iwwerzeegt, an e puer Woche kann dat Gesetz anstänneg applizéiert ginn. Mir brauchen et net ausser Kraaft ze setzen a mir wäerten dann och déi Diskussioun an engem konstruktive Geescht iwwert d'Bühn kréien. D'Regierung ass bereet an ech hu gemierkt, Dir sidd och bereet. Dat ass zum Wuel vun eis alleguerten.

Merci.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Den Här Schank freet d'Wuert an d'Madame Flesch.

M. Marco Schank *(CSV)*.- Ech wollt och e Beitrag zu där Heure d'actualité leeschten, Här President, a preziséieren, datt mer eng Sëtzung vun der Intérieurskommissioun géife maachen e Freideg de Moien um néng Auer.

M. le Président.- Ech huelen Akt dovunner.

Madame Flesch, Dir hutt d'Wuert.

Mme Colette Flesch *(DP)*.- Här President, däerf ech dem Minister eng Fro stellen zur Opklärung? Ass hien der Meenung, dass eng Circulaire ministérielle priméiert iwwer Iwwerleeunge vun engem Geriicht, notamment am Kader vun der Affär, déi am Référé de 7. Dezember gesprach ginn ass?

M. Jean-Marie Halsdorf, *Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire*.- Wann Der lech op déi Affär, déi am Référé de 7. Dezember gesprach ginn ass, berufft, muss ech soen, dass dat eng Affär ass, déi ganz kloer ass. Do geet et ëm e Morcellement. An ob mir eis an deem ale 37er Gesetz bewegen oder am neie Gesetz, bei engem Morcellement muss ëmmer e PAP gemaach ginn an an dësem Fall ass kee gemaach ginn. Esou ass et kloer, dass dann do Reserve markéiert ginn, esou dass ech a Beruffung dorop géif mengen, dass mer sollte waarde wat d'Geriichter do soen.

Wat elo eng Circulaire ugeet, gesinn ech déi Circulaire als komplementaart Instrument zu deenen Diskussiounen, déi mer elo an der Kommissioun wäerte féieren an déi dozou féieren, dass mer Amendementer oder punktuell Änneruge maachen, déi net fundamental sinn. An do kann ee roueg Circulairen derbäileeën, déi kloer soe wou et higeet, an doriwwer eraus gëtt jo och dann zu deenen Ännerungen, déi do komme wäerten, e Commentaire des articles geschriwwen an ech gesinn also kee Problem. Et ass e Ganzt an et ass e Beweis vun enger gudder Zesummenaarbecht zwëschent dem Ministère de l'Intérieur an deenen 118 Gemengen.

M. le Président.- Merci, Här Halsdorf. Ier mer dann zu dem normalen Ordre du jour kommen, wëll ech nach dräi Remarquë maachen.

Éischtens wat den Artikel 78-2 vun eisem Reglement ubelaangt, wat d'Heure d'actualité ugeet, do ginn et - a mir hunn dat haut hei eraushéieren - zwou verschidde Lecturë vun deem Reglement, an ech wier frou wann entweder d'Presidentekonferenz oder d'Commission du Règlement sech géif deem Artikel unhuelen a kucken, dass mer do eng Lecture erauskréien, well soss kréie mer all Kéier Sträit wann et ëm eng Heure d'actualité geet, déi net soll op den Ordre du jour kommen. Ech hätt gären, dass mer Kloerheet hunn, dass d'Spillregele bekannt sinn, dass jidderee weess, wéi e sech drun ze halen huet.

Da wollt ech soen, well et elo scho relativ spéit ass, dass mer den Ordre du jour, dee mer eis fir haut virgeholl hunn, fäerdeg maachen, och wann et iwwer hallwer siwen erausgeet.

An déi drëtt Remarque ass déi, datt den zoustännege Minister, den Här Lux, muss méi frei wéinst Auslandsobligatioune fortgoen, esou datt ech géif ëm Versteesdemech bieden, datt, dee Moment wou hie sech géif d'Wuert froen zu deem Projet, dee mer elo um Ordre du jour hunn, mer dann d'accord wieren, datt hien dozou kënnt schwätzen, well en um Enn vun der Sitzung net méi hei ass.

Da komme mer elo zu der Diskussioun vum Projet 5327 iwwert de Protokoll vu Kyoto. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Calmes, Gira a Mehlen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Roger Negri. Den Här Negri ergräift d'Wuert och als mandatéierte Spriecher vu senger Fraktioun no der Presentatioun vum Rapport. Här Negri, Dir hutt d'Wuert.

5. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

Rapport de la Commission de l'Environnement

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur*.- Merci, Här President.

Här President, Dir Häre Ministeren, Dir Dammen an Dir Hären, de Kyoto-Protokoll a Lëtzebuerger Recht ëmsetzen heescht e Paradigmewiessel am Energieberäich alauden oder anescht gesot e konsequent Ëmdenken an Ëmsetze vu Moossname fir eisen CO_2-Verbrauch substanziell ze reduzéieren.

Et ass mer eng grouss Éier als Rapporteur a President vun der Ëmweltkommissioun lech de Projet de loi 5327 iwwert de Système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre virzestellen. Dëse Vote vun de Mëtten ass en historesche Schratt. Mat dësem Vote huet d'Lëtzebuerger Législative hir Aarbecht am Zesummenhank mam Kyoto-Protokoll gemaach. Et war awer elo net esou ewéi wann d'Kapitel vum Kyoto eriwwer wier. Ganz au Contraire. Fir genee ze sinn: Op den 1. Januar 2005 musse mir alleguerten, d'Bierger, d'Ministèren, d'Verwaltungen, d'Betriber an alle Beräicher a Saachen Energieeffizienz an Energiespueren dat Wuert Kyoto ëmmer am Hannerkapp hunn. Et gëtt elo kee Liewe méi ouni Kyoto.

Duerch d'Ratifizéierung vu Russland am Mount November trëtt elo, siwe Joer no der Weltklimakonferenz vu Kyoto, de 16. Februar 2005 de sou genannte Kyoto-Protokoll endlech a Kraaft. Dat ass en Duerchbroch fir den internationale Klimaschutz. De Kampf géint de Klimawandel ass eng global Aufgab. D'Auswierkunge vum „climate change" sinn a ville Regioune vun der Äerd ze spieren. Dofir ass et wichteg, dass géint de globale Klimawandel als gréisst ëmweltpolitesch Erausfuerderung duerch multilateraalt Handele géigegesteiert gëtt.

Am Kyoto-Protokoll huet sech de multilateralen Usaz vun enger globaler Ëmweltpolitik duerchgesat.

D'Akraafttriede vum Kyoto-Protokoll ass en oniwwerhéierbaart Signal dat weist, dass déi international Stategemeinschaft de Klimawandel eescht hëlt. De Klimawandel ass schliesslech net eng weider skeptesch Prognos, mä neen, et ass batter Realitéit. De Kyoto-Protokoll huet vill dozou bäigedroen, dass de Klimaproblem international Opmierksamkeet kritt huet.

De Kyoto-Protokoll leet eng klimapolitesch Trendwend an a gëtt en als éischt Zil hei fir op de Wee zu enger Industriegesellschaft, déi vill manner Treibhausgasen émettéiert, an zugläich déi fossil Brennstoffer méi effizient asetzt wéi bis elo.

Aktiv Klimaschutzpolitik heescht op kee Fall Äddi soe vun der Industriegesellschaft -neen, dat heescht et net -, mä si erfuerdert eng nei Industriepolitik. Klimaschutz promovéiert nei Entwécklungsmodeller an der Wirtschaft an an der Gesellschaft - en Ëmdenken also.

Energiespuerung an d'Steigerung vun der Energieeffizienz schounen d'Klima an déi natierlech Ressourcen. An dëst drécke sech fir déi privat Haushalter, den Déngschtleeschtungssecteur an déi produzéierend Ekonomie séier an Euroen aus. Mat Kyoto kritt de Verbrauch vun der Atmosphär fir d'éischte Kéier e Präis.

Wat heescht iwwerhaapt Kyoto? Kyoto ass een Term, deen duerch dëse Protokoll héchstwahrscheinlech an nächster Zukunft net méi exklusiv an Ëmweltkreesser wäert benotzt ginn, mä fir alles wat am Rapport mam Klima an Energie steet.

Fir déi, déi et méi genee interesséiert, e klengen Exkurs iwwert den Term Kyoto. Kyoto ass eng vun deenen historesch a kulturell bedeitendste japanesche Stied. Kyoto huet ongeféier 1,5 Milliounen Awunner a läit am südwestlechen Deel vun der japanescher Haaptinsel Hondo an engem breeden Dall vum Süd-Enn vum Biwaséi. Den Numm vun der Stad bedeit wuertwiertlech am japaneschen „Haaptstad". Kyoto war vu 794 bis 1868 déi kaiserlech Haaptstad vu Japan - allerdéngs nëmmen deelweis och tatsächlech Regierungssëtz - an ass haut d'Haaptstad vun der Prefektur mam selwechte Numm Kyoto a läit à peu près 400 Kilometer westlech vun Tokio. Kyoto bilt, zesumme mat der 10 Kilometer wäit entfernter Stad Otsu, de Weltkulturiewen „historescht Kyoto". A vum Joer 2005 un ass Kyoto och gläichzesetze mat enger drastescher globaler Reduktioun vun Treibhausgasen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen elo zum Historique an zum Contenu vum Projet de loi, dee mir elo an deenen nächste Stonne wäerten debattéieren. De sou genannte Kyoto-Protokoll ass en internationaalt Ofkomme vun der UN-Organisatioun UNFCC zum Klimaschutz a baséiert am Fong op Iddien, déi um „Sommet de la Terre" am Juni 1992 zu Rio entstane sinn.

Etlech räich Staten, déi selwer responsabel fir déi meeschten Emissioune sinn, koumen deemools zur Konklusioun, fir sech am Joer 2000 ze engagéiere fir CO_2-Emissiounen op den Niveau vum Joer 1990 ze stabiliséieren. Et war dunn de Kyoto-Protokoll am Joer 1997, deen déi Engagementer quantitativ a juristesch festgesat huet.

De Kyoto-Protokoll schreift verbindlech Ziler fir d'Reduktioun vum Ausstouss vun de sou genannten Treibhausgase fest, déi als Ausléiser vun der globaler Erwäermung gëllen. D'Erhéijung vun dëse Spuregaser, zu deene virun allem de Kuelendioxid (CO_2), Methan an den Ozon zersetzenden FCKW (Fluorchlor-Kuelewaasserstoff) zielen, ass gréisstendeels op Aktivitéite vun eis Mënschen zréckzeféieren.

De Kyoto-Protokoll gesäit vir, datt déi meeschten Industrielänner hir Emissioune bis zum Joer 2012 ëm 6 bis 8% ënnert den Niveau vun 1990 senke mussen. Russland an d'Ukraine solle sech dozou verflichten, den Emissiounsniveau vun 1990 net ze iwwerbidden. Fir China, Indien an aner Entwécklungslänner si keng Aschränkunge virgesinn.

De Protokoll gouf an der japanescher Prefekturhaaptstad Kyoto verhandelt an ass am Joer 1997 verabschiet ginn. D'Ofkomme soll awer eréischt a Kraaft triede wa 55 Staten, déi zesumme méi wéi 55% vun den CO_2-Emissiounen, bezunn op 1990 - déi vun den Industrielänner verursaachten CO_2-Emissiounen -, d'Ofkommes ratifizéiert hunn. Zur Zäit - de Stand vum 3. November 2004 - läit d'Zuel vun de Staten, déi de Protokoll ratifizéiert hunn, bei 126 Staten an ass domadder iwwert deene verlaangte 55% vun de Gesamtémissioune vun 1990. Dëst ass awer eréischt méiglech ginn duerch de Bäitrëtt vu Russland, dat insgesamt 18% vun den Emissioune vun 1990 ausmécht.

Bemierkt muss ginn, dass d'Amerikaner an d'Russen déi zwou Natioune sinn, déi am meeschten CO_2-Emissioune verursaachen. Esou zum Beispill hunn d'Amerikaner 20,5 Tonnen Emissioune pro Joer pro Awunner. Lëtzebuerg ass hei och no drun, well mir leie bei 20,42 Tonnen. Als Vergläich kann ee vläicht eis Belsch Noperen zitéieren, déi nëmmen 12,04 Tonnen CO_2-Emissioune pro Awunner pro Joer hunn.

D'USA haten ënnert dem Clinton de Kyoto-Protokoll zwar ënnerschriwwen, mä ni ratifizéiert. D'Ënnerschrëft ass vum Clinton sengem Nofolger Bush widderruff ginn. A wéi et ausgesäit, wäert sech dorunner och näischt an nächster Zukunft änneren.

D'Russen awer haten aus Rücksiicht op déi diplomatesch Beziéungen zu den USA laang mat hirer Entscheedung waarde gelooss. Aus russescher Siicht schwätzt fir eng Ratifizéierung vum Handel mat Emissiounsrechter dee fir si ze erwaardende Gewënn. An zwar sinn an de Joren nom Bezuchsjoer 1990 a Russland etlech ëmweltverschmotzend Fabriken aus Rentabilitéitsgrënn zougemaach ginn. Dowéinst leien déi aktuell Emissiounen ënnert deene vun 1990, sou dass Russland nom Akraafttriede vum Protokoll sou genannte Verschmotzungsrechter géint Devisen an aneren Industrielänner verkafe kann.

Déi Russesch Duma huet den 22. Oktober 2004 de Protokoll ratifizéiert. Dëst nodeems sech hire President, de Vladimir Putin, am Virfeld fir d'Ëmsetzung vum Kyoto-Protokoll staark gemaach huet. Domadder ass den Undeel vun de Ratifizéierungslänner also elo op iwwer 60% an domadder ass elo déi magesch Grenz vu 55% iwwerschratt. De Wee fir d'Ëmsetzung vum komplette Kyoto-Protokoll ass also elo fräi.

De 6. EU-Ëmweltaktiounsprogramm huet décidéiert, datt de Kampf géint de Klimawandel eng absolut Prioritéit muss hunn, an huet e Kalenner mat konkreten Zilsetzunge festgeluecht.

Ab dem Joer 2005 soll op europäeschem Niveau en Handel vu sou genannten Emissiounsrechter entstoen. Dësen Aktiounsprogramm vun der EU huet sech engagéiert, an de Joren 2008 bis 2012 eng Reduktioun vun 8% vun den Treibhausgasémissiounen, par rapport op dem Niveau vun 1990, ze realiséieren an à long terme misst en Emissiounsréckgang vu 70% ugestrieft ginn.

Den Handel mat Emissiounsrechter, deen ab 1. Januar 2005 funktionéiere soll, ass ee vun de wesentlechsten Emissiounssenkungsinstrumenter, déi am Protokoll vu Kyoto verankert sinn.

An enger éischter Phas si virun allem d'Secteure wou ganz vill CO_2-Emissiounen entstinn uviséiert, wéi Pabeier-, Glas-, Zement-, Energie- a Raffinerieindustrien, also déi Industrien, déi fir 45 bis 50% vun deenen Emissioune verantwortlech sinn.

De System baséiert op zwee Konzepter. Dat éischt sinn d'Autorisatioune fir Treibhausgas ze émettéieren, déi all Installatioun muss besëtzen, an dat zweet sinn d'Emissiounsquoten „quotas d'émissions de gaz à effet de serre", déi speziell op all Installatioun berechent sinn. Et däerf een also nëmmen déi Quantitéit CO_2 an d'Loft émettéieren, wéi een och deementspriechend Emissiounsquoten huet.

Wéi ginn dann elo déi Emissiounswäerter gerechent?

D'Methodologie fir d'Emissiounswäerter ze evaluéieren an ze comptabiliséieren heescht IPCC (International Panel on Climate Change). Dës Method ass fir Lëtzebuerg net grad gënschteg. D'Treibhausgaser ginn um Niveau vun den Emissiounsquelle gemooss, déi eenzeg Ausnahm gëtt beim Stroossentransportsecteur gemaach. Hei ginn d'Emissiounen duerch de Verkaf vu Bensin an Diesel gerechent. Et ass jo awer och gewosst, datt de Bensin, deen hei zu Lëtzebuerg verkaaft gëtt, net eleng hei am Land verbraucht gëtt, respektiv d'Ëmwelt belaascht.

Eng aner Saach sinn d'Emissiounen, déi un d'elektresch Produktioun liéiert sinn. Dës ginn net de Konsumenten ugerechent, mä de Produktiounszentralen, dat heescht datt d'Emissiounen an der CO_2-Bilanz am Land vum Stroumproduzent bäigefügt ginn. Wann ee seng Quoten net all brauch, da kann een déi um internationale Marché verkafen. Am Moment läit de Präis vun enger Quot bei 26 Euro. Et gëtt awer geschat, datt wann de Marché bis richteg funktionéiert, déi Präisser séier op 100 Euro klamme kënnen. Ëmgedréint gëllt natierlech och: Wann ee méi CO_2 verbraucht wéi ee Quoten zur Verfügung huet, da muss an de Portmonni gegraff ginn.

Niewent dem Emissiounshandel gëtt et zwee weider wesentlech Instrumenter zur Duerchféierung vun de Moossname fir d'Bekämpfung vum Treibhauseffekt. Déi sou genannte flexibel Mechanismen. Als „joint implementation" gi kooperativ Moossname vun zwee oder méi Industrielänner bezeechent, déi sech déi zwee kënnen urechne loossen. A vu „clean development mechanism" schwätzt een, wann en Industrieland Moossnamen zur CO_2-Reduktioun an engem Entwécklungsland duerchféiert. Well d'Plaz vun der Emissiounsreduktioun keng Roll spillt, well jo all Reduktioun e positiven Afloss op d'Weltklimaentwécklung huet, kënnen esou méi käschtegënschteg Léisunge verwierklecht ginn, déi domadder och politesch méi liicht duerchsetzbar sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, an dësem Zesummenhang ass de Kyoto-Protokoll vu grousser, ganz grousser Bedeitung. Seng flexibel Instrumenter ënnerstëtzen de Moderniséierungsprozess bei der Energieversuergung. De Kyoto-Protokoll schaaft Ureizer fir d'Industrielänner verstäerkt an erneierbar Energien an den Entwécklungslänner ze investéieren. Déi domadder agespuerten Emissioune vun Treibhausgase kënne sech d'Investoren zegutt schreiwe loossen. Insgesamt leien hei fir d'Industrie wéi och fir d'Entwécklungslänner grouss Chancë fir gräifbar Fortschrëtter op dem Wee zu enger nohalteger Energieversuergung.

Dës Iddi vum Quotenhandel, deen déi grouss CO_2-Emetteure soll dozou brénge fir esou mann wéi méiglech d'Loft ze verpäschten, ass net nei. Déi gëtt et schonn zum Beispill an der Ëmweltpolitik duerch de Protokoll vu Montreal, esou wéi an der gemeinsamer europäescher Agrarpolitik duerch d'Mëllechquoten oder an der Fëschereipolitik. Lëtzebuerg verflicht sech, säin Ausstouss an de betreffende Gase vun 2008 bis 2012 ëm 28% géigeniwwer vum Stand vun 1990 ze senken. Zwar sinn hei zu Lëtzebuerg scho verschidde Saache geschitt, mä de Rescht vum Wee zu dësem Zil kascht eis Wirtschaft wesentlech méi wéi bis elo. An och d'Politik muss an dësem Kontext nach vill Mutt an Iwwerzeegungskraaft beweisen.

D'Länner vun der Europäescher Unioun hu sech engagéiert fir 8% vun hiren Emissiounen ze reduzéieren. D'Contributioun vu Lëtzebuerg ass an dësem globalen Accord mat enger Reduktioun vun 28% par rapport zu 1990 déi bedeitendst. All zesummen hunn déi meescht Industrielänner sech zum Zil gesat, fir an der Period 2008 bis 2012 eng Reduktioun vu 5% par rapport zu 1990 vun den Treibhausgasen ze realiséieren. Dës global Efforten, fir dës Ziler ze erreechen, sinn awer nëmmen eng éischt Etapp am Kader vum Kyoto-Protokoll. Eng Etapp, déi enorm wichteg ass, an - et muss een et betounen - virun allem e Schratt an déi richteg Richtung.

Fir eisen zukünftege Generatiounen eng liewenswäert Ëmwelt ze hannerloossen, hunn d'Klimawëssenschaftler d'Zil ausgeschafft, fir d'Temperaturerhéijung ënnert der Barre vun zwee Grad Celcius par rapport zu der preindustrieller Period ze halen. Fir op dëst Zil ze komme gëllt et elo bis d'Joer 2020 eng Treibhausreduktioun an den Industrielänner vu 40% a bis 2050 souguer e Minus vun 80% ze realiséieren. Aus ëmweltethesche Grënn musse mir dësem Zil méi no kommen, wa mir deenen nofolgende Generatiounen, der wuessender Bevölkerung, am Respekt vun der Würd vum Mënsch, hir Entwécklungschancë berücksichtege wëllen.

Wann de Kyoto-Protokoll de 16. Februar 2005 a Kraaft triede kann, dann ass dëst net nëmmen deen éischte Schratt fir den internationale Klimaschutz, mä et ass och e ganz wichtege Schratt fir d'Wahrnehmung vun eiser ethescher Verantwortung.

Den internationale Klimaschutz muss och iwwer 2012 eraus verstäerkt ginn, am sou genannte Post-Kyoto oder Kyoto-Plus-Prozess. Déi international Politik muss sech op folgend Punkte fixéieren: d'Ëmsetze vun de Kyoto-Verflichtungen, d'Werbe vun den Amerikaner fir si als Partner fir de globale Klimaschutz dozouzegewannen, dat aktiivt Matabezéie vun den Entwécklungslänner, déi weltwäit Notzung vun de Kyoto-Instrumenter, also Emissiounshandel, „joint implementation" an „clean development mechanism", d'Sécherheet vun der Vereenbarkeet vu Welthandelsregele mat multilateralen Ëmweltofkommessen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll elo hei am Detail op d'Situatioun zu Lëtzebuerg agoen.

Eng Reduktioun vun 28% zum Referenzjoer 1990 kléngt wéi wann dat enorm vill wär. Bedenke muss een awer, datt an den 90er Joren d'ARBED duerch Restrukturatiounsmoossname vu Kuel op Elektresch, op déi sou genannte Filière électrique ëmgestiegen ass an domadder d'CO_2-Emissiounen drastesch gefall sinn.

Zu Lëtzebuerg hu mir de Moment 19 Industriebetriber, där sou genanntener „importants émetteurs". Bemierkt muss ginn, dass d'Halschent vun den Installatiounen zu Lëtzebuerg Cogénératiounsanlage sinn, wuel fir hir, an engem gewësse Mooss, grouss energetesch Efficacitéit bekannt sinn, mä kee Potenzial fir de Réckgang vun CO_2-Emissiounen duerstellen. Si produzéiere mat 3,3 Milliounen Tonnen ongefëier een Drëttel vum Treibhausgas.

Op där anerer Säit hu mir virun allem an deene leschte Joren en enorme Wuesstem am Transportberäich vum Individualverkéier ze verzeechnen. Dëst huet zur Konsequenz, dass eis Kyoto-Wäerter éischter stagnéiere wéi erof ginn. Den Transportsecteur läit bei 5,4 Milliounen an d'Haushalter, wou allerdéngs den Déngschtleeschtungssecteur mat integréiert ass, bei 1,4 Milliounen Tonnen. Alles zesumme mécht dat also hei zu Lëtzebuerg 10,1 Milliounen Tonnen CO_2-Emissiounen aus.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, eis Regierung huet décidéiert am Zesummenhang mat de Kyoto-Instrumenter, also dem Emissiounshandel, der „joint implementation" an dem „clean development mechanism", an deem Kader, ee Finanzementsfong ze schafen. D'Institutioun vun dësem Fong resultéiert vum nationalen Allocatiounsplang, der Direktiv 2003/84/CE.

Eist Land kann dee virgehollene Wäert vu minus 28% net eleng mat nationale Mesuren erfëllen, esou datt e Recours op déi flexibel Mechanismen néideg ass. Do dernieft ass de Fonds de financement des mécanismes de Kyoto och dofir geduecht, fir op nationalem Niveau energiespuerend Projeten a Programmer finanziell ze ënnerstëtzen an ze initiéieren.

De Budget 2005, dee mer d'lescht Woch op dëser Plaz gestëmmt hunn, gesäit eng Dotatioun vu fënnef Milliounen Euro vir, a laut dem Volume II vum pluriannuellë Programm vun den Dépenses en capital vun de Joren 2006-2008 sinn all Joer 20 Milliounen Euro virgesinn. Dëse Projet de loi vun haut de Mëtteg ass den 20. Abrëll 2004 vum deemolegen Ëmweltminister hei an der Chamber déposéiert ginn. Duerno hunn déi verschidde Chambres professionnelles hir Avisen dozou ofginn; esou hunn d'Landwirtschaftskummer de 14. an d'Privatbeamtekummer den 30. Abrëll, d'Chambre de Travail de 14. Mee, d'Chamber vun de Fonctionnaires et Employés publics den 29. Juni an d'Chambre de Commerce den 23. August 2004 hir Avisen zum Projet ofginn.

De Conseil d'État huet den 8. Juni seng Positiounen zum Projet de loi presentéiert. Verschidden Oppositions formelles hat déi héich Kierperschaft notéiert, esou bei den Artikelen 19 an 20 iwwert d'Constatations d'infraction an d'Pouvoirs et prérogatives de contrôle, esou och datselwecht beim Artikel 21 iwwert déi administrativ Mesuren an d'Sanktiounen an dem Artikel 22 iwwert d'Sanctions pénales. De 16. Juni huet d'Regierung deenen Observatiounen an Oppositioune vum Statsrot am Projet de loi Rechnung gedroen, esou dass de Statsrot a sengem Avis complémentaire vum 28. September säin Accord ginn huet.

De 26. Oktober huet d'Regierung de Projet de loi nach eemol amendéiert an huet dunn dee scho virdrun erkläerte Fonds de financement des mécanismes de Kyoto an den Text integréiert. A sengem zweeten Avis complémentaire vum 7. Dezember huet de Statsrot verschidde Remarquen zum Fonds bekannt ginn, déi vun der Ëmweltkommissioun ugeholl gi sinn.

Déi parlamentaresch Ëmweltkommissioun huet den 22. November dëse Projet de loi um Ordre du jour gehat. An dëser Sitzung ass de Gesetzesprojet vum Minister Lucien Lux presentéiert ginn. An däselwechter Réunioun huet d'Kommissioun mech als Rapporteur zu dësem Gesetz ernannt. D'Kommissioun, déi engersäits begréisst, dass duerch d'Ratifizéierung vu Russland de Kyoto-Protokoll endlech Realitéit gëtt, bedauert op där anerer Säit, dass nach ze vill grouss Länner net um Kyoto-Prozess bedeelegt sinn. Et sinn dëst virun allem: d'Amerikaner, Australien, China an Indien.

Des Weideren hunn d'Membere vun der Kommissioun iwwert déi sou genannten atypesch Situation vu Lëtzebuerg debattéiert. Atypesch; een Term, dee schonn am Rapport beim Vote den 29. November 2001 fir d'Gesetz iwwert d'Approbatioun vum Kyoto-Protokoll gebraucht gouf. D'Kommissioun huet also bemierkt, dass virun allem d'Bensinsconsommatiounen e risegen Afloss op déi national Emissiounswäerter hunn. Ervirgehuewe gouf an dësem Kontext, dass nieft dem Bensinspräis awer och déi geographesch Situatioun an den internationalen Autobunnsréseau en Afloss op déi vill Bensinskonsumente vu Lëtzebuerg huet.

D'Ëmweltkommissioun ass der Meenung, datt am Industriesecteur d'Potenzial, fir d'Treibhausgasémissiounen ze reduzéieren, am klengsten ass an dowéinst, esou d'Meenung vun der Kommissioun, misst an deenen anere Secteure verstäerkt op Energiereduzéierung an Energieeffizienz gesat ginn. Zitéiert goufe bei der Entwécklung vun der erneierbarer Energie nach méi Effortë bei de Ménagen, dëst souwuel beim Energieverbrauch doheem wéi och beim Gebrauch vum öffentlechen Transport, oder d'Promotioun vun der Niddregenergie-Bauweis.

An der Sitzung vum 9. Dezember, direkt also nom leschten Avis complémentaire vum Statsrot, ass d'Ëmweltkommissioun eng weider Kéier zesummekomm fir de Gesetzesprojet esou wéi den zweeten Avis complémentaire vum Statsrot ze diskutéieren. An dëser Sitzung gouf och de Rapport ugeholl.

Ech wëll op dëser Plaz fir déi konstruktiv Diskussiounen an der Ëmweltkommissioun Merci soen, awer och all deenen e grousse Merci soen, déi an deene leschte Wochen esou gutt gehollef hunn, fir dass Lëtzebuerg de Kyoto-Protokoll fristgerecht fir den 1. Januar 2005 a Kraaft huele kann. Mä elo muss och eppes domat geschéien. Mam Akraafttriede vun dësem Gesetz gëtt an engems den Artikel 13bis vun der Loi modifiée vum 10. Juni 1999 relative aux établissements classés mat engem neie Paragraph 6 komplettéiert. Et geet drëms, datt et keng Valeur limite d'émission fir déi direkt Treibhausgasémissioune gëtt.

Esouvill als Rapporteur vun dësem Projet de loi.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, als Spriecher vun eiser LSAP-Fraktioun wëll ech nach e puer Iwwerleeungen zu dësem Projet de loi maachen. Nodeem Russland den Accord vu Kyoto ratifizéiert huet, trëtt en elo de 16. Februar 2005 an Aktioun. Mat Kyoto fänkt en neit Kapitel an der globaler Ëmweltpolitik un. Hei op dëser Plaz wëll ech betounen, dass dëst en nationale Projet ass, dee vun eis alleguer, egal vu wat fir engem politesche Bord, och ëmmer muss gedroe ginn.

Mir Politiker si mat verantwortlech, fir eis Gesellschaft un de Kyoto-Ziler ze sensibiliséieren a fir dee Paradigmewiessel, dee mer brauchen, anzelauden. Mir hunn elo siwe Joer Zäit fir alles drun ze setzen, fir eist Zil vun enger Reduzéierung vun 28% vun den Treibhausgasen ze erreechen. Dës Zäit, déi mer elo hunn, vun 2005 bis 2007, d'sou genannt Testphas, dat heescht déi Joren, wou mir eis un d'Kyoto-Ziler eruntaaschten, respektiv d'Period 2008 bis 2012, also d'Phase contraignante, wou de Kyoto-System richteg funktionéiere wäert, dës Zäit muss eis erlaben eis an déi beschtméiglech Lag fir de Post-Kyoto-Projet ze versetzen.

Mir mussen also an deenen nächste siwe Jore Prémissë schafen, fir am Post-Kyoto-Prozess iwwerhaapt eng Chance ze hunn do kënne matzehalen. Wann net, da gëtt et deier, ganz deier fir eise Statsbudget. Dat kann dann zwëschent 15 Milliounen Euro a 500 Milliounen Euro pro Joer leien, mä dësen Asaz ass et wäert fir eng global Erwärmung vun der Äerdkugel ze verhënneren, well soss an deenen nächsten 20 Joer de Mieresspigel sech ëm ronn ee Meter erhéije wäert.

(M. Niki Bettendorf prend la Présidence)

Dofir musse mer eis der EU-Fuerderung, déi net méi wéi ëm zwee Grad Erhëtzung vun der Äerdkugel, an aller Sachlechkeet uschléissen, nodenken an handelen, ouni dass mer Horrorzeenarien an d'Spill bréngen, wéi Tornadokatastrophen, Jorhonnerthéichwaasser, kee Summer, kee Wanter; all dëst bréngt näischt a gëtt och vun de Leit net ugeholl.

Mir hunn d'Wourecht net gepacht, mir kënnen d'Fakte vum Treibhauseffekt net genau an all Detail evaluéieren. Mir brauchen dofir keng Ideologen, mä dat, wat mir elo wëssen, ass méi wéi genuch fir ze handelen, an dëst esou séier wéi méiglech. Dofir solle mir eis och net hei géigesäiteg culpabiliséieren, mä all zesummen no Léisunge sichen.

Als Preparatioun op déi heiteg Ëmsetzung vum Kyoto-Protokoll an nationaalt Recht hunn ech dee leschten 29. November am Europaparlament zu Bréissel, als President vun der Chamber-Ëmweltkommissioun, zesumme mat mengem Députéierte-Kolleeg Marcel Oberweis a senger Funktioun als Vizepresident vun eiser Ëmweltkommissioun, un enger Sitzung vun den nationalen Ëmweltkommissiounen deelgeholl.

Hei huet ënner anerem de Professer Klaus Töpfer, a senger Funktioun als UNO-Koordinator am Beräich Ëmwelt, ganz interessant These verbreet. Hien huet erkläert, wa mir no der Global Environment Agenda eis Milleniumziler op der Welt erreeche wëlle fir d'Aarmut op der Welt ze senken an zugläich en definitive Klimawiessel ze verhënneren, musse mir eis virun Aen halen, dass niewent de sou genannten Industrielänner, déi bis elo eleng verantwortlech si fir d'Pollutioun vun eiser Äerdatmosphär, do derniewent zum Beispill a China d'Politik dodra besteet, de PIB bis 2020 ze vervéierfachen - also 4-mol sou héich - bei 1,2 Milliarde Mënschen, an eng deementspriechend Energiestruktur amgaangen ass opzebauen. Am Moment ginn a China all Joer 4,4 Milliounen Autoen zougelooss, dat sinn 20 Autoe pro 1.000 Awunner. 2020 sollen et a China 30 Milliounen Autoe sinn, da komme mer op 120 Autoe pro 1.000 Awunner, dëst ass de Leit a China och hiert gutt Recht, zumools wann ee weess, datt et an der EU 700 Autoen op 1.000 Awunner sinn.

Aus all dëse genannte Grënn brauche mir elo eng Energierevolutioun an zugläich musse mir hëllefen, dass och Afrika, Indien a China a sou weider sech wirtschaftlech entwéckele kënnen, wat dann och global der Ekonomie zegutt kënnt an am Endeffekt och eis hei zu Lëtzebuerg.

Wéi wichteg dee richtegen Ëmgank an Zukunft mat der Energie wäert sinn, huet de Klaus Töpfer aus der Ried vum Tony Blair vum Februar 2003 ofgeleet, deen do gesot huet, datt et wuel keen dauerhafte Fridden op dëser Welt gëtt, wann net ugefaange gëtt, de Klimawandel seriö unzepaken an dass an dëse Prozess sech och d'Fraë misste méi mat abezéien.

Des Weideren ass gesot ginn, dass mir eis mussen Zilvirschrëfte ginn a keng Realiséierungsvirschrëften, well net ëmmer déiselwecht global Schemaen zum Zil féieren. Dës Ziler musse jee no Secteur ënnersicht ginn, wéi zum Beispill den Zementbau, d'Stolindustrie, den Transportberäich a sou weider. Mir mussen also Instrumentalien entwéckelen an Impulsprogrammer schafen, fir d'Millenniumsentwécklungshëllef ze realiséieren, ouni en irréversible Klimawandel ze produzéieren.

No dem Bericht vun den Experten, déi domadder beoptraagt ware fir Lëtzebuerg den nationalen Allocatiounsplang opzestellen, wäerte mir eist éiergäizegt Zil vu minus 28% bis 2008 héchstwahrscheinlech net erreechen a jee no Zeenario och nach eventuell wäit doriwwer leien.

Hei e puer Zuelen aus deem Bericht, an zwar ausgedréckt a Milliounen Tonnen CO_2 équivalent. Eist Zil ass 10,086 Milliounen Tonnen; am Joer 2002 lounge mer bei 11,022 Milliounen Tonnen. Den Zilwäert vun 2005 bis 2007 läit bei

11,815 Milliounen Tonnen a fir 2012 bei 13,040 Milliounen Tonnen. Mä esou wéi et elo ausgesäit kënnen dës Zilwäerter net erreecht ginn. 15 Milliounen Tonne sinn de Moment éischter de Fall wéi 13. An och fir 2007 wäerte mir iwwer 11,8 Milliounen Tonne leien. An da riskéiert et deier ze ginn! Wéi vill eis eng Tonn Iwwerschoss wäert kaschten, ass de Moment nach net bekannt; do ginn et just Schätzungen.

Hei zwee Wäerter: Ee vu ville Spezialisten ufanks als realistesch unzegesinnene Käschtepunkt louch bei 26 Tonne pro CO_2. Bei 3 Milliounen CO_2 kascht dat eis also, wa mer se kompenséiere wëllen, 78 Milliounen Euro, a bei 5 Milliounen Euro Iwwerschoss CO_2 schonn 130 Milliounen Euro, an dat all Joer. Am schlëmmste Fall gëtt awer och vun 100 Euro pro Tonn geschwat, wat eis dann 300 respektiv 500 Milliounen Euro pro Joer kaschte kënnt. A wa mir d'Analys vun dësem Dépassement maachen, dann ass et am beschte mol opzezielen, wou d'"gaz à effet de serre" hierkommen.

Et ginn dräi verschidde Kategorien: d'Industrie, d'Ménagen - mat dem Secteur tertiaire, wéi mer gesinn hunn - an den Transport.

Éischtens d'Industrie mat 3,11 Milliounen Tonnen, an dat ass net ze évitéieren. Mir si frou fir déi Entreprisen, déi hei zu Lëtzebuerg sinn, well si sinn et déi den Industriestandort Lëtzebuerg sécheren.

Am Moment falen 19 Entreprisen ënnert den Allocatiounsplang. Do hätte mir mol fir d'éischt d'Goodyear mat der CEGYCO (eng Joint Venture tësche Goodyear a Cegedel), dann DuPont (DuPont Powerhouse a CEDUCO Cogeneration Plant), d'Guardian (Luxguard I an II), sou wéi d'Intermoselle. An dann d'Kronospan, dës Firma huet gläich véier Installatiounen (Kronospan Boilerhouse, Kronospan Kraftwärmekopplung, Kronospan Fibre Dryer a Kronospan Flake Dryer). Dann hu mer d'Luxlait, sou wéi verschidden Deeler vun der Arcelor (ARES, Profil ARBED Déifferdeng, Profil ARBED Esch/Belval, sou wéi déi nei Installatioun vu Profil ARBED op Esch/Belval. Bleift nach zum Schluss d'Firma Primus an d'TGV-Zentral vun Esch/Alzette.

Dës 19 Entreprisen, déi jo am Fong laut Allocatiounsplang déi Firme sinn, déi am meeschte waarm Loft produzéieren, also Responsabel fir den Treibhauseffekt sinn, beschäftegen hei am Land 10.000 Leit! Erhiewe muss een och, datt et déi Industrie ass, déi hir Emissiounen als eenzeg an deene leschte Jore reduzéiert huet, an trotzdeem sech ëmmer weider entwéckelt huet an hirer Technologie. An all deenen anere Secteuren ass dat net de Fall. Do kënnt ëmmer nëmmen CO_2 dobäi.

Bei dësen 19 Entreprisen ass och d'TGV-Zentral vun Esch, déi bal fir een Drëttel vun deenen Emissiounen am Industriesecteur verantwortlech zeechent. Mir hu bei der TGV-Zentral vun Esch 150 Milliounen Euro investéiert, fir iwwer 1 Millioun Tonnen CO_2 ze produzéieren, déi eis all Joer e Minimum vun 23 Milliounen Euro an e Maximum vun 100 Milliounen Euro riskéieren ze kaschten an Zukunft.

D'TGV-Anlag ass um europäeschen Niveau schonn eng ganz sënnvoll Anlag, mä fir Lëtzebuerg kënnt se am Kader vu Kyoto deier ze stoen. Am Kontext vun der TGV-Zentral vun Esch muss och en Ëmdenke kommen, sou datt déi eng Millioun Tonnen CO_2, déi bis elo an den Himmel geblose ginn, valoriséiert ginn, an dëst duerch Gebrauche vun der Hëtzt.

Et ass hei onbedéngt drop hinzeweisen, datt mat den Investitiounen a Cogénératiounsanlagen kaum nei Aarbechtsplaze geschaf gi sinn. An dat riskéiert fir eist Land en Dauerproblem ze ginn. Mir mussen dëst ganz realistesch gesinn.

D'Devise muss also heeschen: All Sonnestrahl, dee mir an Hëtzt respektiv a waarmt Waasser ëmwandelen, muss onbedéngt genotzt ginn. Mir mussen do ëmdenken.

Eng zweet Kategorie vun Haaptémetteuren ass den Transportsecteur mam Trafic, dee mat 6,8 Millioune fir 2012 relativ dramatesch ass, well de Wäert vum CO_2 Stroosseverkéier 1990 bei 2,9 Milliounen Tonne louch; dat ass also méi wéi duebel esou héich.

Hei ass ganz kloer d'Aspuerpotenzial am Gréissten an dofir musse mir hei nach vill méi Effortë maachen; dëst si virun allem den öffentlechen Transport auszebauen an ze promovéieren. Et muss op jiddfer Fall an d'Schinn investéiert ginn. D'Prioritéite si folgend, déi ech op dëser Plaz nach eng Kéier wëll kloer nennen:

De Raccordement vum Kierchbierg mat Train-tram un d'Dummeldenger Streck, an enger éischter Phas bis bei den Utopolis. Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass duerch eng séier Mise en service vun Trainstrams vun der Gare-Lëtzebuerg bis op de Kierchbierg bei den Utopolis, mir hei zu Lëtzebuerg duerch dës Realisatioun en echte Quantesprong am Beräich vum öffentlechen Transport maache kënnen an et domat och wierklech zu engem Ëmdenken am Benotze vum öffentlechen Transport kënnt.

Une voix.- Très bien.

M. Roger Negri *(LSAP), rapporteur.-* Des Weideren ass d'Mise à double voie vun der Linn Péiteng-Lëtzebuerg eng weider grouss Prioritéit, esou wéi de Projet vun enger neier Eisebunnsgare op Esch-Belval. Am Kontext vum Transportsecteur kënnt een awer net derlaanscht, fir iwwert den Tanktourismus ze schwätzen. Bei dësem Sujet ass einfach Aarbecht, Courage an Duerchsetzung ugesot, well mir kommen net derlaanscht.

Wéi scho beschriwwen hunn nieft deene méi wéi deiere Bensinspräisser, wéi an eisen Nopeschlänner, och déi geographesch Situatioun vu Lëtzebuerg an den internationalen Autobunnsréseau en Afloss op d'Bensinsconsommatiounen zu Lëtzebuerg. Ech wëll nach eng Kéier ernimmen, dass d'CO_2-Emissiounen, déi aus dem Stroosseverkéier resultéieren, am Kyoto-Referenzjoer vun 1990 bei 2,9 Milliounen Tonne loungen a sech mëttlerweil also méi wéi verduebelt hunn.

Fir emol e bëssen ze illustréieren: Am „Tageblatt" vum Samschdeg, de 16. Oktober 2004, steet iwwert d'Aire de Berchem, dass dës virun 20 Joer aménagéiert ginn ass a bis haut ëm dat Zéngfacht vergréissert ginn ass. Do passéiere pro Joer ronn dräi Millioune PKWen a 600.000 Camionen. Den Ëmsaz läit bei 300 Millioune Liter Treibstoff. Dëst ass déi gréissten Tankstell hei am Land, awer och an Europa. An dann hu mir nach do derbäi d'Aire de Capellen a ganz vill Grenztankstellen, wou een enormen Ëmsaz ass. Hei zu Lëtzebuerg läit de Bensin-pro-Kapp-Verbrauch bei 18 Liter pro Dag, par conter an Däitschland an an den USA bei zéng Liter pro Dag, an an der Moyenne vun den OECD-Industrielänner bei sechs Liter pro Dag.

All dëst kënnt am Kader vu Kyoto mat der Zäit eise Statsbudget deier ze stoen. Do musse mer elo déi richteg Rechnunge maachen an da gesinn, dass mer am Laf vun der Zäit déi richteg Handlunge virhuelen.

Am Kontext vum Tanktourismus muss ee bemierken, dass et nach esou een ähnleche Problem gëtt wéi mat den Tankstellen, an zwar deen an der Loft, an zwar de Flugverkéier. Bis elo ass an der Kyoto-Diskussioun de Flugverkéier net abezu ginn. Dëst muss nach nogeholl ginn, weltwäit, europawäit an och hei zu Lëtzebuerg.

Den drëtte Secteur vun den CO_2-Emissioune sinn déi Emissiounen, déi vun den Haushalter gemaach ginn. Et sinn am Ganzen 1,4 Milliounen Tonnen CO_2. An deem Secteur, wou eis Leit liewen an ee groussen Deel vun eisem Akommes hierkënnt, gëtt am mannsten CO_2 produzéiert. Mir musse bedenken, datt hei dee ganze Secteur tertiaire drënner fält, also dee Beräich, wou dee gréissten Deel vun eise Leit schaffen, a mir déi héchst Valeur ajoutée hunn.

Niewent Kyoto si mir dann nach een anert Engagement agaangen, an zwar fir zirka 5,7% vun eisem nationale Stroumverbrauch mat erneierbarer Energie hierzestellen. Dofir hu mir op d'Fotovoltaik an d'Wandrieder gesat, eng gutt Technologie a sënnvoll Initiativ, déi eis leider net op der CO_2-Kyoto-Bilanz guttgeschriwwe gëtt.

Résuméiere kann een d'Saach esou: Mir hu vill an der Ëmweltpolitik gemaach, mä leider kënnt et eis an der Kyoto-Prozedur net zegutt, au contraire, villes penaliséiert eis nach derbäi. Mir hunn eis an der Fotovoltaik op 20 Joer fir jährlech 14 Milliounen Euro Subsiden engagéiert, déi mat 100 Milliounen eemolege Subsidë beim Bau, eis finalement 380 Milliounen Euro kaschten.

De Kolleeg François Bausch huet bei senger Budgetsdebatt ufanks Dezember drop higewisen, datt mir esou Investitiounen am Sënn vum Fortschrëtt an engem Impuls fir dës Technologien onbedéngt maache mussen an hien huet dat hei mat aneren Technologien an der Vergaangenheet treffend verglach.

Fir Kyoto ginn eis dës enorm finanziell Efforten awer mat null Tonnen CO_2 guttgeschriwwen. Mir hunn also hei global ëmweltméisseg eng richteg Aktioun gestart, mä dat investéiert Geld kënnt eis net zegutt. Hätte mir se an engem Entwécklungsland gebaut, da géif dës Investitioun eis guttgeschriwwe ginn. Klimatesch wär et global gesinn datselwecht Resultat.

(Interruptions)

Zousätzlech hätte mir nach sënnvoll Entwécklungshëllef bedriwwen. Mir mussen eis also fir d'Zukunft iwwerleeën, ob mir net op de Wee vun Holland sollte goen, wou se pragmatesch gehandelt hunn an esou Investitiounen op Plaze gemaach hunn, wou se hinnen am Kyoto-Protokoll guttgeschriwwe ginn.

Esou wéi et momentan also ausgesäit, si mir éischter derbäi eis op 5 Milliounen Tonnen Iwwerschreidung am Kyoto-Beräich zouzebewegen, wéi op dee vun den Experten ugepeilten Zilwäert vun 3 Milliounen Tonnen.

Wat ass also elo um nationale Plang hei zu Lëtzebuerg ze maachen? De Spillraum ass kleng an et gëtt nëmmen déi heite Strategien: all weider CO_2-Steigerung zu Lëtzebuerg vermeiden, d'Energieeffizienz erhéijen; dat ass der OECD no d'Thema souwisou schlechthin. Heiranner läit fir si déi bal eenzeg Léisung fir de Klimakollaps ze évitéieren. Einfach méi Kilowattstonnen aus enger Tonn Kuelen, aus engem Metercube Gas, aus engem Liter Masutt erauszehuelen, well soss steigt den CO_2-Ausstouss vun elo 23 Milliarden Tonnen op 38 Milliarden Tonnen. Dat ass och hei zu Lëtzebuerg méiglech.

Déi nei EU-Gebairichtlinnen, déi fir all Gebai e sou genannten Energiepass virgesinn, esou schnell wéi méiglech anzeféieren an hei net no der Method „business as usual" virzegoen, mä dee vun der EU geloossene Spillraum effektiv, effizient an zilorientéiert national ëmzesetzen. D'Heizungstechnike förderen, déi eis CO_2-Bilanz net weider belaaschten. Heizou zielen: d'Biomass, woubäi och Holzverbrennungsanlage gehéieren, Wärmepompelen, Solarenergie fir waarmt Waasser, de Wärmebedarf fir d'Lüftung an de Gebaier ze reduzéieren an nach villes méi.

Iwwert den Tanktourismus nodenken. Et wier vläicht ubruecht, fir sech emol um wëssenschaftlechen Niveau mam Phenomeen Tanktourismus ze beschäftegen. Eng Impaktstudie misst gemaach ginn.

Dat si Problemer, déi schnellstens an Ugrëff musse geholl ginn an hei heescht et ganz besonnesch: Wa mir nach méi spéit kommen, da gi mir zolidd vun der Zäit bestrooft.

Wann ech dann op déi eenzel Punkten aginn, da gesäit een, datt dat net einfach an net ouni Konflikter wäert erofgoen, mä hei ass schonn en nationale Konsens verlaangt. Wat heescht dat, all weider CO_2-Emissiounen ze vermeiden? Dat heescht zum Beispill, dass mir eis keng weider BHKW-Anlagen hei am Land méi leeschte kënnen, mä am Sënn vu Kyoto musse mir erëm vill méi Solaranlage prônéieren.

D'Devise muss och heeschen: Keng Keelt méi mat Hëtzt maache bei deene grousse Verwaltungszentre mat risege Klimaanlagen. D'Subsidepolitik bei erneierbaren Energië muss iwwerduecht ginn, dat heescht zum Beispill, dass mir ënnersiche sollen, ob mer déi nei Eoliennen a Fotovoltaikanlagen, déi mer hei am Land bauen, net besser an esou Länner solle bauen, wou mir d'CO_2-Erspuernis guttgeschriwwe kréien. Dat kéint zum Beispill gläichzäiteg och een interessante Bäitrag zur Entwécklungspolitik duerstellen. Op dësem Plang kënne mir eis e grousst Beispill un Holland huelen. Erneierbar Energië mussen op alle Fall weider gefördert ginn, och wann nei Wäerter musse festgeluecht ginn.

Eise But ass et jo, dass 5,7% vum Stroumverbrauch mussen aus erneierbarer Energie bestoen. Den Ament leie mer bei 2,7%. Dat ass also nach ee Stéck Aarbecht.

D'Ëmweltpolitik ass global an do ass et egal, ob mir an Zukunft och Anlagen an esou Länner opriichten, wou mir mat deemselwechte Geld méi erreeche wéi heiheem, well mir den CO_2 jo och nach bilanzéiert kréien. Wéi gesot, d'Holländer hunn hei e Programm op d'Bee gesat, wou mir eis kënnen drun orientéieren. An d'Holländer hunn hei och nach esou munch ganz interessant Initiative geholl, wéi zum Beispill den Handel mat grénge Certificaten, wat eng Aart ëmweltbewosst Kooperatioun bedeit; an de System funktionéiert besser wéi erwaart. Am Joer 2002 goufen 32.000 Certificaten am Wäert vun zirka 270 Milliounen Euro gehandelt. Dëst einfach als Beispill, dass mir och hei sollten eegen Iddië produzéieren.

Ganz vill Energie spuere kann ee bei deene gebailechen Infrastrukturen. Dëst sief bei de Privathaushalter wéi och um Niveau vun den Entreprisen oder den öffentlechen Ariichtungen. An dësem Kontext läit eng EU-Direktiv vir, d'Direktiv 2002/91/CE vum Parlament a Conseil vum 16. Dezember 2002 iwwert d'Performance énergétique des bâtiments.

D'Objektiver vun dëser Direktiv si folgend:

- d'Schafe vun enger Rechemethod iwwert déi energetesch Performance vu grousse Gebaier;

- d'Anhale vu minimalen Exigenzen a Saachen Energie bei neie Gebaier;

- d'Anhale vun de minimalen Exigenze bei Renovatioune bei bestoende grousse Gebaier;

- d'Zertifikatioun vun der Performance énergétique bei de Gebaier;

- eng regelméisseg Inspektioun vun de Chaudièren an de Klimaanlagen an de Gebaier, esou wéi d'Evaluatioun vun den Heizungen, wa se méi wéi 15 Joer al sinn.

Heimadder fuerdert eis Sozialistesch Fraktioun d'Regierung op, esou séier wéi méiglech dës Direktiv an nationaalt Recht ëmzesetzen. Si muss et der EU no bis den 1. Januar 2006 sinn. Dës Iddië vun der Direktiv sollte mir virun allem beim Neibau geziilt asetzen a fir de Bestand esou ëmsetzen, dass mëttelfristeg sech hei de minimale Verbrauch vum selwen astellt. Ech wëll lech just hei e puer Wäerter ginn, a wat fir eng Richtung een do muss schaffen.

D'Banken hunn haut zum Beispill Wäerter vun 350 bis 600 kWh/m² pro Joer, oder wéi een dat haut résuméiert, déi Eenheet a K, do misst een op 110 K kommen. D'Bürosgebaier sinn haut bei 200 bis 600 K, d'Zil misst hei 80 K sinn. E ganz frappant Beispill sinn eis Schwämmen. Eis Schwämme leien haut bei 2.500 bis 4.000 K, do misst een op 1.800 K erofkommen. Da misst een am Albau, wou et hautdësdags Wäerter vun 150 bis 300 gëtt, erof op 150 kommen, an an Neibauten bis op 100 respektiv 50 kommen. Bemierke muss een hei virun allem de Courage a politesche Wëlle vun eise belschen Noperen, déi ee K-Wäert vu 45 bei neie Gebaier ustriewen.

Dës Philosophie misst sech awer elo an de Cahiers des charges vun de Soumissioune vu Stat a Gemengen erëmfannen, an d'Architekten an d'Ingenieure mussen do matzéien. Virun allem am privaten Hausbau muss Energie gespuert ginn, dëst duerch d'Konzeptioun vun ëmmer méi neie Passivhaiser, wou den Energiebedarf bei manner wéi 15 kWh pro Joer läit.

De Secteur vun den Haushaltsstéit produzéiert praktesch 15% vun den CO_2-Emissiounen. Do musse mir also iwwert de Wee vun neie Konstruktiounstechnologien handelen. Heimadder hätt een dann eng Chance, déi Zilwäerter vum Allocatiounsplang ze erreechen. Heimadder erreeche mir dann och zwangsleefeg op dem Gebitt vun de Gebaier eng méi héich Energieeffizienz.

Mir hu keng Alternativ a scho guer keng Zäit ze verléieren. Et ass e prioritären Dossier, well mir riskéiere vill. Mir mussen ewech vun eisen Denkscheme vu bis elo, dat heescht Moyenen asetzen. Mir mussen op Resultater hischaffen. Am Kader vum Post-Kyoto-Prozess, also no 2012, wou d'CO_2-Emissiounen nach méi wäit mussen erofgesat gi wéi zum Beispill déi 28% hei zu Lëtzebuerg, wou d'EU 40% verlaangt, musse mir elo schonn ufänke weltwäit, europawäit an och hei bei eis mat der Privatindustrie an net zulescht mat der Äerduelechindustrie genau dës Reduktioun vun den CO_2-Emissiounen ze diskutéieren. An dësem Beräich musse mir op d'Zesummenaarbecht setze mat der Privatwirtschaft, fir si mat an d'Boot ze kréien, fir d'Zil vun den CO_2-Emissiounen a -Reduktiounen ze erreechen.

Et ass kloer, dass d'Privatwirtschaft nëmme matzitt, wa si sech an hirem But erëmfënnt. Kyoto ass also och en ekonomeschen Challenge. Souguer d'Assurancëgesellschafte warnen dovir, dass d'Käschte méi héich am Energieberäich wäerte sinn, wa mir näischt ënnerhuelen, amplaz wa mir vun elo un ufänken d'Kyoto-Ziler ëmzesetzen. De verstäerkten Asaz vun der Atomenergie, wéi dëst a verschiddene Länner am Kader vum Kyoto-Protokoll geschitt, kann net dee richtege Wee sinn, do musse mir eis vehement dergéint wieren.

Fir een Ëmdenken an der Gesellschaft ze erreechen, brauche mer och d'Ëmwelterzéiung an de Schoulen. Hei ass virun allem eist Léierpersonal gefuerdert, datt si eise Kanner vu klengem un de Respekt vis-à-vis vun eiser Ëmwelt vermëttelen. Ähnleches gëllt fir d'Entwécklungslänner, déi mir nëmme kënne vun där néideger Klimawenn iwwerzeegen, wa mir

och do op der Plaz Léisungen ubidden a realiséieren.

Mir sollten also an Entwécklungslänner Projete mat erneierbaren Energien, mat Biomass a Biogas, realiséieren, fir do de richtege Wee vun Ufank un opzeweisen. Dës Projete sollte vun engem nei ze schafende Fong finanzéiert ginn, deen niewent dem Klimafong fir Mission trading an niewent dem Entwécklungsfong leeft a sech net mat deene vermëscht, a wou d'Zil misst sinn, déiselwecht uviséiert Héicht vun 1% vum PIB ze erreechen.

Fir Transparenz am Dossier Kyoto-Protokoll an deenen nächste Joren ze behalen, wäre mir och frou, wann d'Regierung déi gesamt Aarhus-Konventioun mat hiren dräi Voleten iwwert den Accès à l'information en matière d'environnement an déi doraus entstehend Moyenen an nationaalt Recht géing ëmsetzen. Ënnert dem Numm Kyoto musse mir an Zukunft eng Tankstell gesi fir nei Energië fräi ze maache fir no-an ëmzedenken. An deem Kader solle mir och op eis Uni Lëtzebuerg setzen, fir hei Denkfabriken ze schafen, dëst zesumme mat de Forces vives, der Politik an der Zivilgesellschaft. Am Koalitiounsprogramm stinn d'Structures de recherche, déi am Kader vun der Uni kéinten agesat ginn. Heirop musse mir bauen.

Des Weidere muss de Stat Impulsprogrammer fir Nischen, fir Biomass oder Holzhackschnitzelanlage schafen. D'Ëmsetze vum Kyoto-Protokoll ass eng wichteg Etapp fir d'CO_2-Emissioune weltwäit erofzesetzen. Mä dëst ass net d'Enn, mä eréischt den Ufank vun enger neier Energierevolutioun.

Dobäi muss och versicht ginn all Länner an dëse Prozess anzeschléissen. Den Ament hu just véier industrialiséiert Länner de Kyoto-Protokoll nach net ratifizéiert: d'USA, Australien, Liechtenstein a Monaco. Mir brauchen e Paradigmewiessel, eng Effizienzrevolutioun am Thema Energie. Mir brauchen eng Allianz vum Klimawandel. Wie Klimaschutz wierklech wëllt, dee muss an de Wirtschaftsprozess massiv agräifen an de globale Secteur vun der Energieproduktioun an dem Energieverbrauch ëmsteieren.

Ouni de Kyoto-Protokoll géif sech wahrscheinlech näischt änneren. Elo mam Kyoto-Protokoll kënne mir eis déi integréiert Instrumentarië ginn, fir am Post-Kyoto-Prozess déi grouss an décisiv Strategien zum Klimawandel ze entwéckelen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, heimadder bréngen ech den Accord vu menger Fraktioun a soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Negri. Sou wéi ofgemaach, a well den Här Minister aner Verflichtungen huet, schwätzt d'Regierung elo an ech géif dofir dann elo dem Här Minister Lux d'Wuert ginn.

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement*.- Merci, Här President.

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen. Deen Débat léisst mech zwar e bësse sur ma faim, well ech hätt mer léiwer Zäit geholl fir där Debatt nozelauschteren an da kënnen ze äntwerten. Sou wäert ech dann an deenen zwanzeg Minutten, déi d'Regierung zur Verfügung huet, versichen op dat ze äntwerten, wat ech unhuele wat am Laf vun deenen nächsten zwou, dräi Stonnen hei nach wäert gesot ginn, an ech géif och direkt proposéieren, dass mer vläicht all eventuell Motiounen, wann d'Auteuren domat d'accord sinn, an der Ëmweltkommissioun nach eng Kéier géinge behandelen, well ech net an der Lag sinn elo op Motiounen, déi ech net kennen, och schonn eng Positioun vun der Regierung ze huelen.

Wann ech an zwou Stonnen - mol net - op Buenos Aires fléien, dann deet et mer gutt ze wëssen, dass mer dann zu deene Länner gehéieren, déi da Kyoto ratifizéiert hunn. Well ech muss soen, et wär mat engem gewëssene schlechte Gewëssen dohinner ze fueren an do - wann ech dat esou däerf soen - déck Baken ze maachen a mol doheem seng Hausaufgaben net gemaach ze hunn, à savoir den 1. Januar 2005 an der Lag ze sinn, fir deenen Industrieanlagen eng Autorisatioun ze ginn op der Basis vun deem Allocatiounsplang, deen Ufank November vun der Europäescher Kommissioun fir Lëtzebuerg ugeholl ginn ass.

Ech wëllt awer och fir d'éischt all deenen, déi an deene leschte Méint matgehollef hunn dee Prozess hei ze steieren a mol wéinstens à ce stade zu engem gudden Enn ze féieren, Merci soen. Dat geet u mat menge Virgänger - de Charles Goerens an den Eugène Berger -, déi d'Virbereedunge vun der Direktiv an dem Projet de loi gemaach hunn zu den Diskussiounen, déi an der Tripartite an och hei an der Chamber Enn Abrëll stattfonnt hunn. Dat gëllt awer och fir all déi hei an der Chamber, an der Kommissioun, an och de Rapporteur besonnesch, wéi och eise Fonctionnairen, déi an deene leschte Wochen a Méint vill geschafft hunn, fir engersäits den Allocatiounsplang ënner Daach ze kréien a fir anerersäits d'Direktiv an och de Fong ze preparéieren an nach haut de Mëtten an der Mëttegstonn zu Bréissel mat der Belsch ze verhandelen an ze diskutéieren iwwert dee gemeinsame Register, dee mer eis virgeholl hunn a wou mer den Dënschden aacht Deeg um Sommet mat der Belsch dann och héchstwahrscheinlech - ginn ech dovun aus, no deem Bericht deen ech kritt hunn - zu engem Accord kommen, fir dat gemeinsam mat der Belsch ze maachen an domadder en Deel vun der Direktiv a vum Gesetz dann och mat hinnen zesummen ëmsetzen.

Dëst ass - an de Rapporteur huet dat mat relativ pregnante Wierder, déi ech ënnerstëtzen, hei kloer gemaach - eng Veranstaltung, déi an d'Käpp vun alle Biergerinnen a Bierger an dësem Land muss goen. Dëst ass awer och eng Veranstaltung, déi an d'Politiker an an d'Ministere vun der gesamter Regierung muss goen. Well spéitstens wéi de Rapporteur hei vun den Direktive geschwat huet, ass mer dach agefall, dass déi Direktiven, déi zum Beispill fir méi Energieeffizienz bei de Gebaier solle suergen, net eleng du domaine si vum Environnement, dat betrëfft de Ressort vun der Ekonomie, dat betrëfft de Ressort vum Logement, dat betrëfft oft och de Ressort vun de Finanzen a vum Budget, an dofir ass et kloer, dass wa mer hei iwwer Kyoto schwätzen, dat net eleng eng Ëmweltdebatt ass, mä eng national politesch global Debatt, déi mer dann an deenen nächste Joren ze féieren hunn.

Et kënnt een elo fir unzefänken op eng ganz Rei vun Entwécklungen op der Welt agoen an e puer Zuelen trotzdeem nennen. Wann een iwwer Kyoto dobausse mat de Leit schwätzt, huet ee Schwieregkeete kloer ze maachen, wat dat am Esprit an an de Mentalitéite fir déi nächst Joren heescht. De Coût deen dat fir d'Gesondheet vun den zukünftege Generatioune vun eise Kanner an deene Generatiounen, déi duerno kommen, heescht. Wat dat u gesellschaftleche Coût u Mënscheliewe wäert bedeiten, haut schonn a wäert an Zukunft bedeiten, wat dat u Coût wäert bedeite fir d'Biodiversitéit, fir d'Aartevillfalt, souwuel bei Fauna wéi bei Flora, wat dat wäert heeschen u Coût fir d'Entwécklungslänner, déi déi éischt gestroofte wäerte sinn - an ech wäert herno kuerz iwwert d'Diskussiounen, déi am Moment amgaange sinn zu Buenos Aires, agoen -, an dat wäert och dat heeschen, wat u Coût fir d'Landwirtschaftsausfäll, déi am Moment ëm ronn 10 Milliarden Euro eleng d'Joer duerch de Klimawandel gerechent ginn.

Loosse mer eis eng Kéier ee fir allemol an de Kapp setzen, dass mer säit 1990 déi zéng wäermste Summeren haten an deene leschte Joren. De Summer 2003 war dee wäermste Summer an deene leschte 500 Joer. Säit der Industrialiséierung si mer ëm 0,6 Grad Celsius Äerderwäermung op der Welt an d'Luucht gaangen; ëm bal awer ee Grad Celsius hei an Europa eleng. Mir hunn déi héchsten Erwäermung säit 1.000 Joer um europäesche Kontinent. De Mieresspigel - gëtt gerechent - wäert bis 2100 - dat ass net méi laang - ëm 88 Zentimeter nach an d'Luucht goen. Dat trëfft dann un Iwwerschwemmungen 100 Millioune Mënschen op eisem Planéit. D'Flutwellen, déi heimadder och verbonne sinn, hunn 1960 - och net laang hier - siwe Millioune Mënsche betraff; si betreffen haut 150 Millioune Mënschen. An déi Canicule vun 2003, vun där ech geschwat hunn, an do ass d'Wëssenschaft mat Ausnahm vun e puer Amerikaner, déi d'Administratioun Bush beroden, sech an der Tëschenzäit iwwert d'ganz Welt eens, dass déi e Resultat war vun dem Klimawandel, huet 26.000 Leit d'Liewe kascht an huet 13,5 Billiounen Dollar Schued op der Welt verursaacht.

Geet dat duer fir och hei zu Lëtzebuerg, verwinnt wéi mer si vum Konsum an anere Gewunnechten, kloer ze maachen - dat, wat de Rapporteur elo hei gesot huet -, dass dat doten eng Revolutioun ass, déi vill méi wäit geet wéi dat, wat mer vläicht haut an dee Gesetzestext do eraliesen?

Ech hunn e Samschden den Owend en Erliefnis gehat, wou ech geduecht hunn, an deem Film wiere mer net. Dat war den Artikel, ze liesen op der éischter Säit vum „Le Monde", geschriwwe vum Guy Dollé, dem Boss vun der Arcelor, zesumme mat dem PDG oder dem President vu Lafarge, ech weess den Numm net méi, deen iwwerschriwwe war „Kyoto oui, la directive européenne non" an deen eis erëm eng Kéier eragedriwwen huet an dee laangen alen traditionellen, an ech hat gemengt iwwerwonnenen, Dissenz tëschent Ekonomie an Ekologie; ze soen, hei geet et schlussendlech nëmmen ëm eng Bestrofung vun der europäescher Industrie an et geet nëmmen drëm, fir iwwert en Dumping environnemental dofir ze suergen, dass d'europäesch Industrie bestrooft gëtt a pénaliséiert gëtt par rapport zu der amerikanescher, der australescher an aneren, déi net gebonne sinn an déi sech net - politesch am Moment - banne loossen un esou Ziler.

Ech hat gemengt, mir hätten deen Dissenz an der Tëschenzäit iwwerwonnen, well mer verstanen hätten, dass déi Schied, mëttel- a laangfristeg, déi eis de Klimawandel verursaacht, et de loin um Niveau vu Kompetitivitéitsverloschter vun engem eventuellen Dissenz, dee mer do hunn, wäerten ausmaachen. An dofir ass et, mengen ech, enorm wichteg och haut kloer ze maachen, an och zu Buenos Aires, dass Europa hei eng Roll ze spillen huet als Wäertegemeinschaft par rapport zu deem, wat mir fir déi zukünfteg Generatiounen um Planéit hei wëlle maachen.

En Zukunftsmodell duerzestelle fir déi zukünfteg Generatiounen. An da soen ech, 2003 war jo d'Geleeënheet schonn eng Kéier, wou dat aalt Europa - wéi een et gemengt huet - gewisen huet, wéi mer e Modell kënnen duerstellen. Hei ass en zweet Beispill, no deem kriegerischen, wat mer schonn dëst Joer haten, an en zweete Wee wou Europa ka weisen, dass se un d'Zukunft vun de Generatiounen denkt an dass se Verantwortlechkeet géint Irresponsabilitéit an dësem Punkt setzt.

Energieeffizienz zesumme mat Klimaschutz, dat ass mengen ech dat, wat d'Ekonomien op der Welt an deenen nächste Jore brauchen, an dofir ass et fir eis an och eis Présidence wichteg, dass an allen Dokumenter, ouni Ausnahm, de Klimawandel an den Développement durable déi zwee Punkte sinn, déi mer während sechs Méint an allen Enceinten an an allen Instanze wäerte versiche weiderzedreiwen.

Woubäi ech dem Rapporteur - ech mengen, hie weess et selwer - wëll soen, dass et eng onwahrscheinlech Gratwanderung wäert sinn tëschent deene Spannungen, déi mer tëschent de Länner hunn, déi mer awer och innerhalb vun eise Gesellschafte wäerten hunn, a wou mer vill Iwwerzeegungskraaft wäerte brauche fir do virunzekommen.

Ech wëll kuerz e puer Wierder soen iwwert dat, wat zu Buenos Aires sech an deene leschten Deeg ofspillt a wat een net optimistesch mécht. Et ass esou, dass mer säit enger Woch do diskutéieren, wéi mer eng strukturéiert Diskussioun solle féieren an deenen nächste Joren. Mir schwätzen net iwwert d'Zilsetzungen, mir schwätzen net iwwer Inhalter. Mir schwätzen net doriwwer, wéi d'Post-Kyoto-Prozedur an dee Prozess kënnten ausgesinn, mä mir kucke mol eis eens ze ginn, wéi mer dann am Joer 2005 et fäerdeg bréngen, an enger strukturéierter Debatt mat alle wichtegen Energiefrësserten - besonnesch engem -, wéi mer mat deene kënnen eng Diskussioun féieren.

Mir hunn ze di mat enger Bush-Administratioun, déi sech ganz zréckhält, ob se bereet ass, deen een oder anere Seminär matzemaache fir ze diskutéieren, wéi d'Diskussioun soll gefouert ginn. Mir hunn ze dinn zu Buenos Aires mat Saudi-Arabien, wat sech am Moment virstellt - an dat muss ee sech eng Kéier zergoe loossen -, wat sech virstellt, dass Europa eng finanziell Kompensatioun muss leeschten u Saudi-Arabien an un déi arabesch Länner fir deen Ausfall, dee se wäerten hu beim Verkaf vun hirem Pëtrol, wa mer méi erneierbar Energie a wa mer méi Energieeffizienz kréien.

Dat ass dat - nëmme fir ze setzen, géint déi Ried hei, déi eng ganz gutt an eng engagéiert Ried war vum Rapporteur, einfach do dergéintzesetzen, mat wat fir enge grousse Problemer mer an deenen nächsten Deeg, Wochen a Méint wäerten hei ze di kréien.

Da mengen ech steet op deem Plang do nëmmen eppes: de Versuch ze kucken, ob mer - an do gëtt et dräi, véier Modeller, déi zur Diskussioun stinn - e flexibele Mechanismus fanne fir Amerika an dat Boot eranzekréien. Wann et net ass mat contraignantë Reduktiounsziler, well dat héchstwahrscheinlech e bëssen illusoresch wär ze mengen, da wéinstens doduerch dass mer déi Efforten, déi Investitiounen och finanzieller Natur, déi Amerika mécht fir Technologië weiderzedreiwen, déi eis hëllefen op där anerer Säit méi Energieeffizienz, besonnesch am Industrieberäich oder um Niveau vun der Automobilindustrie, ze kréien, dass déi mat kënne gerechent ginn.

Ech mengen, dat ass eng Méiglechkeet déi sech stellt, oder awer ze hoffe bei Amerika, an dat ass jo schonns öfters gesot ginn, dass jo d'Administratioun Bush net amgaangen ass encercléiert ze ginn - dat wier duerch d'geographesch Positioun vu Washington e bësse schwiereg -, mä dass ee jo awer muss feststellen, dass an Amerika an de Bundeslänner eng Entwécklung amgaangen ass, mat aacht Bundeslänner, déi op d'Geriicht gaange sinn, ënner anerem ass Kalifornien derbäi, ënner anerem ass New York derbäi, ënner anerem ass Massachusetts derbäi, anerer wéi de Maine an de Connecticut hunn eege Gesetzer gemaach, fir d'Reduktioun vun CO_2-Emissiounen an hire Bundeslänner weiderzedreiwen. An et gëtt eng ganz Rei vun namhaften Industrien - amerikanescher -, déi fräiwëlleg amgaange si sech ze interesséiere fir den Emissiounshandel an u Réuniounen un Europa deelhuelen, fir sech dorobber ze preparéieren. Et ass also dach awer e gewëssenen Optimismus unzesoen, dass mer et fäerdeg brénge mat enger flexibeler Attitüd a flexibele Mechanisme weiderzekommen.

A schlussendlech muss een op deem internationale Plang soen, dass deen eenzege gerechte Virschlag, deen um Dësch läit, jo u sech dee brasilianeschen ass. Dee brasilianeschen, deen u sech ganz einfach, mä enorm gerecht ass, nämlech ze soen: Mir mussen eis eng Zilsetzung ginn, dass jiddfer Äerdebierger e Recht huet op esou vill CO_2-Emissiounsausstouss. Dat wier jo déi gerechte Léisung. Et weess een awer haut, wann een tëschen eis an den Amerikaner an héchstwahrscheinlech dem CO_2-Ausstouss vun engem Bierger am Burkina Faso eng Rechnung mécht, dass dat sécherlech eng Perspektiv ass, déi à long terme nëmmen ze gesinn ass, mä déi en fait awer eng gerecht ass an déi och zu Buenos Aires an deenen nächste Wochen ëmmer erëm vun deene Länner, déi am Développement dra sinn, wäert ervirbruecht ginn - a wéi gesot net ganz zu Onrecht.

Um Niveau vum Kyoto-Protokoll huet de Rapporteur mengen ech sou villes gesot, dass ech just zwou, dräi Bemierkunge ka maachen. Ech mengen, dass Kyoto a Wierklechkeet eppes ganz Einfaches ass. Fir d'éischte Kéier kritt d'Verschmotzung vun der Atmosphär e Präis. Fir d'éischte Kéier kritt d'Verschmotzung vun der Atmosphär eng Sanktioun. A fir d'éischte Kéier bréngе mer et fäerdeg, duerch e Mechanismus, dee wéideet, den Industrien an de Länner an de Statsbudgeten, kréie mer fir d'éischte Kéier d'Méiglechkeet, dass mer eis alleguer technologesch, politesch, gesellschaftlech an eisem Behuele mussen druginn, fir dorun ze gleewen, dass wa mer den Apparat doheem umaachen a wa mer de Fernseh a Stand by eng ganz Nuecht lafe loossen, dass dat en fin de compte eng Sanktioun verdéngt, e Pollueur-payeurs-Prinzip verdéngt. Ech mengen, et ass dee Mentalitéitswiessel, deen an d'Käpp vun eis alleguerte muss eragoen, wa mer et wëlle fäerdeg bréngen dat ze maachen.

Ech huelen d'Beispill vun der TWINerg, iwwert déi vill geschwat ginn ass zu Esch. Mir sinn elo endlech dovun iwwerzeegt an an Zesummenhank mat der Schafung vun enger Sociétéit, déi Sudcal heescht, och ze versichen d'Hëtzt, d'Wäermt, déi do erzeugt gëtt, ze notzen, fir dass muer am Projet vun de Frichen op ARBED-Belval an deene Quartieren, déi kommen, dass mer d'Méiglechkeet kréie fir iwwert dee Wee do déi Sociétéit dohinner ze kréien, dass déi Wäermt do net an CO_2-Emissiounen an d'Athmosphär ausgestouss gëtt, mä dass mer se notze fir iwwert déi Leitungen, déi awer net wäit sinn, fir se an d'Frichen ze kréien - an esou virun - an domadder d'Wäermt ze notzen.

All dat doten an déi Beispiller, déi de Rapporteur gesot huet, sinn déi, déi an eis Käpp mussen eragoen, wa mer nei bauen, wa mer nei eege grouss Gebailechkeete baue mat deene flotte Klimaanlagen, wéi et zu Recht vum Rapporteur hei gesot ginn ass.

Mir ware jo an engem gewëssene Moment duerch d'Ëmwiesselung bei der Arcelor op den tout électrique op eise minus 28% gewiescht. An der Tëschenzäit lafen eis engersäits d'Entwécklung vun

eiser Bevölkerungszuel, d'Entwécklung vun eise Wuesstumsraten, d'Entwécklung vun eisen Autoen, déi dorëmmer fueren, ewech. Mir si bei 660 Autoen op 1.000 Awunner, da weess ee jo ongeféier, wat dat heescht u Recht u Mobilitéit, mä awer och u „Recht" - zwësche Gänsefüsecher - d'Athmosphär ze beschmotzen an doduerjer e Coût hierzestellen, dee gesellschaftlech an och gesondheetlech wéideet. Mir leie bei 330.000 Autoen a wësse wat dat heescht, an och um Niveau vun den Emissiounen, déi mer beim Wunnen erzeugen.

Ech weess net, ob ech alles dat soen, wat ech denken zu deem Sujet. Ech muss allerdéngs soen, wann iwwer Tanktourismus geschwat gëtt, da géif ech dem Rapporteur och soen, déi nächste Kéier, wa mer eis gesinn, dass e mer da prezis seet, wat dann dee Courage heescht, dee mer an där Fro sollen hunn. An ech géif och de Kolleegen a Frënn vun der grénger Fraktioun, deenen ech déi Fro och schonn esou oft gestallt hunn, op anere Plazen…

(Interruption)

Kéint ech wéinstens de Saz fäerdeg maachen?

(Interruption)

…wéinstens kloerzemaachen, dass wa mer iwwert den Tanktourismus schwätzen, dass mer da ganz prezis och musse soen, dass deen eenzege Choix, deen et do gëtt, fir den Tanktourismus ze bekämpfen, woubäi ee muss wëssen, dass et bei dem Sprit, deen iergendwou an Europa kaaft a verbraucht an an d'Athmosphär gestouss gëtt, egal ass, ob en zu Lëtzebuerg kaaft gëtt oder net zu Lëtzebuerg - dat wësse mer -, mä dass et nëmme geet iwwert de Wee vum Präis vun dem Bensin, iwwert dee mer musse schwätzen. Dee Courage mengen ech musse mer dann hunn.

Ech muss allerdéngs soen, dass eleng de Fait, de Parkings-TVA-Saz vun 12 op 15% ze héijen, wann ech mer all déi Kommentaren an Diskussiounen dobaussen unhéieren hunn, eleng fir déi Moossnam, da kann ech mer virstellen, wat dat heescht wa mer diskutéieren iwwert den Tanktourismus an Zesummenhank mat deem eenzege Moyen, dee wierklech wierksam ass fir den Tanktourismus ze bekämpfen, nämlech de Bensinspräis ze erhéijen - an drastesch ze erhéijen. Wéi gesot, do sinn ech da gespaant am Numm vun der Regierung op all déi gutt Virschléi a couragéiert Virschléi, déi dann um Niveau vun der Chamber gemaach ginn.

An da si mer bei de Moossnamen zu Lëtzebuerg, wou ech och eppes wëll soe par rapport zu de Budgetsdebatten, déi mer an deene leschten zwou Wochen héieren hunn, Aussoen iwwert den öffentlechen Transport, Aussoen iwwer Fotovoltaiksanlagen, déi alleguer berechtegt - méi oder manner berechtegt sinn. Ech mengen allerdéngs kënnen ze soen, dass d'Dramatik vun der Situatioun um Niveau vum Klimawandel och deen een oder anere budgetären Dérapage sech kënnt leeschten.

Wéinstens déi Ausso do wëll ech awer de Mëtteg maachen, dass wann och d'Fotovoltaik eis an deenen nächste Jore bis zu 80, 90 a vläicht 100 Milliounen insgesamt wäert kaschten, dann ass dat sécherlech en Dérapage, wann ee weess, dass am Budget 2004 meng Virgänger zwou Milliounen agesat haten. Dat weist ongeféier drop hin, dass kee gemierkt huet oder verstanen huet, wat dorauser kënnt entstoen. Wann een dann aner Vergläicher mécht mat aneren Ausgaben, déi mer eis leeschten, an ech wëll wierklech elo keng Beispiller nennen, mä et géif der genuch ze nenne ginn, wa mer aner Beispiller nennen, da musse mer och hei wëssen an de Käpp alleguer wéi mer do sinn, ressortiwwergräifend musse mer wëssen, wat dat dann an deenen nächste Joren heescht fir dofir ze suergen, dass mer méi Energieeffizienz an dass mer um Niveau vun den erneierbaren Energien net zu de Schlussliichter, wéi et nach virun e puer Deeg an der Lëtzebuerger Press stoung, hei an Europa géife stoen.

An ech wëll och bei där Geleeënheet, niewent all deem, wat hei gesot ginn ass - den Allocatiounsplang zu Bréissel ugeholl ginn ass, mat deene Schwieregkeeten, déi mer jo och haten, an déi mer an der Kommissioun diskutéiert hunn - soen: Mir hunn an der Tëschenzäit en Optrag weiderginn un de Professer Ewringmann fir mat der Reduktiouns- a Potenzialstudie unzefänken an dat och ze maachen an enger oppener Veranstaltung, déi net nëmmen d'Tripartite wäert matsechzéien, mä déi a Workshopen an all eenzelne Gebidder d'ONGen alleguer ouni Ausnahm, och meng Kolleege vun der gieler Kaart vu Greenpeace, wäert a ville Sëtzunge matabezéien, fir ze diskutéiere wat dann d'Potenzialer an d'Reduktiousméiglechkeete vu Lëtzebuerg sinn.

Dann hu mer ze schwätzen iwwer Energieeffizienz, iwwer Energievergeudung, iwwer Passivhaiser, iwwer Nidderegenergiehaiser, iwwer Förderprogrammer. Dann hu mer ze diskutéieren iwwert den öffentlechen Transport - alles dat ass de Mëtte gemaach ginn. An dann hu mer och, ech wëll et net vergiessen, well mer d'Debatt jo de Mëtte mat deem sou fundamental wichtege Sujet ugefaangen hunn, ze diskutéiere mat de Gemengen. Well och an de Gemenge gëtt et eng ganz Rei vun immens gudde Beispiller aus deene leschte Joren, déi vu Klimabündnisgemengen opgewise gi sinn an enger Etüd, déi se virgewisen hu fir ze weisen, wéi een do op eenzelne Beispiller - de Rapporteur huet der e puer genannt -, mä och am Asetze vun Energieberoder. Iwwerhaapt op d'Leit zougoen an hinne kloer maachen, ëm wat et hei geet, wäert dat an de Gemengen eng ganz wichteg Aufgab duerstellen.

An ech denken um Niveau vun deene Reduktiounen do, dass mer eng ganz Rei vu Méiglechkeeten hunn. Ech wëll se awer och mat Zuelen, déi jo an eenzelnen Etüde vum Här Ewringmann oder vun der Greenpeace-Studie vun 2002, muss ee wëssen, dass Albausanéierung eis an zéng Joer, wa mer dat wierklech weiderdreiwen, 170.000 Tonne Reduktioun wäert matsechbréngen. Et muss ee wëssen, dass mer um Niveau vum öffentleche Verkéier - léiwe Frënn Rapporteur -, wa mer wierklech eng Trendwend do kréien, heescht dat an deenen nächsten zéng Joer en Aspuernis vu 70.000 Tonnen, par rapport zu deenen dräi, véier Milliounen, déi mer ze vill um Niveau vun eisem Allocatiounsplang hunn.

An ech wëll och schonn zum Schluss eng Bemierkung maachen zu zwou Saachen, déi bei erneierbar Energië wichteg sinn, well ech dovun ausginn, dass dat nach de Mëtte wäert eng Roll spillen.

Den 31. Dezember 2004 lafen zwee Reglementer um Niveau vum Ëmweltministère aus fir déi finanziell Förderung vun erneierbaren Energien. Ech hunn an der Chamberskommissioun an och op dëser Plaz schonn e puermol dozou Stellung geholl fir ze soen, dass mer eis Zäit geholl hunn an nach an der Diskussioun dra sinn, fir net nëmmen einfach eng mir näischt dir näischt Verlängerung ze maachen, e puer Tauxen erop an e puer Tauxen erof ze setzen, mä fir wierklech ze kucken, dass mer och Energieeffizienz dro dra kréien. Dass mer zum Beispill och Förderung un Energieeffizienz bannen, déi gemaach gëtt, dass ee Fotovoltaik net einfach nëmmen do gebraucht, mä dass ee se och gebraucht a Verbindung mat Initiativen, déi een hëlt um Niveau vun der Energieeffizienz vun deenen Haiser, déi da vun der Fotovoltaik betraff sinn. Dass een zum Beispill higeet an um Niveau vun den thermesche Solaranlage méi mécht, wéi dat vläicht um Niveau vun der Fotovoltaik ass, well mer bei den thermesche Solaranlagen net nëmmen de Stroum, mä och d'Hëtzt an domadder och eppes um Niveau vun eiser CO_2-Bilanz mat wierklech kënne berücksichtegen.

An dann och e wichtege Sujet, dee mer vun allen Experten, déi mer eis selwer heihinner geruff hunn oder déi de Kolleeg Kox eis heihinner bruecht huet, dass mer op allen Niveauen och musse kucken, eng Ëmwandlung ze maache vun deem Coût do aus dem Statsbudget eriwwer op de Stroumpräis. An dat ass eng Veranstaltung, déi net esou einfach ass. Dofir wäerte mer muer als Regierung an der Tripartite deen Dossier och dohinner leeën, well mer dann och ze schwätzen hunn iwwert de Wuerekuerf am Zesummenhank mat der automatescher Indexéierung vu Loun a Gehälter. Déi Froe musse mer dann diskutéieren, wa mer Courage - Courage ass dat Wuert wat de Mëtte gebraucht ginn ass - wëllen hunn, musse mer da kucken aweiwäit dass mer déi Moyenen, déi mer an deenen nächste Jore brauchen, dann och kënnen agesat kréien, andeems mer och d'Fro vun der Kompetitivitéit net ausser Uecht loossen.

Déi Diskussioun hu mer dann och hei an der Chamber ze féieren. Sécherlech an enger Commission jointe vun Ekonomie a vun Environnement. Déi hu mer ze féiere mat den ONGen a mir hunn dofir ze suergen - Kolleeg Kox -, dass mer an deene Reglementer, déi ees fir ees den 1. Januar 2005 och mat der Prozedur, déi virun eis steet, mam Conseil d'État a mat de Chambres professionelles, eng Mesure transitoire hunn, déi dofir suergt, dass an där Period, déi dertëschent fält, all déi Förderungen déi gemaach ginn, dass déi finanziell musse spillen. Dofir hu mer ze suergen, fir dass mer do kee Gap kréien tëschent dem 1. Januar an dem 1. Abrëll oder dem 1. Mee - ech wëll mech net festleeë wat mer elo fäerdegbréngen -, mä déi Mesure transitoire musse maachen, fir sécher ze sinn, dass mer hei kee Lach kréien. Ech mengen, dass mer déi Veranstaltung do an deenen nächste Wochen a Méint ofzeschléissen hunn, fir eppes ze maachen.

An ech wëll och dat hei soe fir kloer ze sinn. Ech stelle mer och haut vir, ouni dass eng Décisioun doriwwer geholl ass. Ech stelle mer och haut vir, dass mer déi Reglementer do och net sollen op zéng Joer maachen, mä dass mer se à la rigueur kënnen op zwee Joer maachen an da wierklech déi potenziell Studien, déi mer elo an Optrag ginn hunn, ofwaarden, fir dann a Fonctioun vun deem, wat mer jo ni gemaach hunn, wierklech ze kucken, wat ass dat Effikasst an der Förderung, dass mer d'Potenzialstudie ofwaarden an dass mer dann d'Méiglechkeet kréien, wa mer déi virleien hunn, fir dann eng Réglementatioun ze maachen, déi eis da mëttel- a laangfristeg eng Optioun gëtt, fir eng besser Förderung vun den erneierbaren Energien.

Ech wëll och zum Schluss eng Bemierkung iwwert de Fong maachen, dee mer agesat hunn. Et war net esou evident kloer ze maachen - an ech mengen, dass dat wichteg war, dass souwuel de Conseil d'État wéi och d'Chamber, wa se de Mëtten d'Gesetz stëmmt, domadder d'accord war -, dass de Fong net nëmmen d'Méiglechkeet kritt fir no baussen, sief et iwwert den Emissiounshandel oder sief et duerch Projeten zwëschen Industrielänner oder mat Länner, déi am Développement dra sinn, mä dass de Fong och d'Méiglechkeet kritt fir national Initiativen, Projeten a Programmer ze finanzéieren. Laang ass gemengt ginn, mir hätte jo de Fonds de Protection de l'Environnement, dee soll sech ëm dat Nationaalt këmmeren. Deen anere Fonds Kyoto soll sech just ëm dat Externt këmmeren. Et war wichteg politesch duerchzesetzen, dass dëse Fong dat eent an dat anert ka maachen, fir kloer no baussen d'Signal ze setzen, dass et eis un éischter Stell a prioritär drëm geet, fir eisen nationale Verflichtungen an Hausaufgaben nozekommen, éier mer da mat der Valise op New York bei d'BERD oder bei d'Weltbank oder wou och ëmmer fueren.

An et ass mer och wichteg, dass mer am Fong an der Zesummesetzung vum Comité interministériel all déi Ministèren hunn, déi eis erlaben déi Projeten, déi schonn ugereizt gi sinn, fir mat aneren Industrielänner oder mat Länner, Schwellelänner oder Entwécklungslänner, kënnen zesummen ze maachen, déi sënnvoll ginn an déi awer net däerfen op d'Käschte goe vun de Kooperatiounsmëttelen. Well a ville Länner an Europa mierkt een, dass hei Suen ofgezweigt ginn aus der Kooperatioun, fir déi dann hei, am Rahme vun de Kyoto-flexibele-Mechanismen, anzesetzen an domadder zwou Mécke mat engem Schlag ze schloen, wat awer de falsche Wee ass. Ech mengen och hei musse mer dofir suergen, dass mer net verschidde Saachen duerchernee geheien.

Une voix.- Dat ass awer besser wéi näischt!

M. Lucien Lux, *Ministre de l'Environnement.*- Zum Schluss wëllt ech soen: Mir hunn zu Buenos Aires an an eiser Présidence dofir ze suergen, dass mer an eng Diskussioun mat deene Länner kommen, virun allem mat Amerika, virun allem mat China, wou mer schonn invitéiert sinn als Présidence, fir zu Peking ze diskutéieren - Peking ass amgaangen e grousse Programm vun erneierbaren Energien ze lancéieren, deen ënnerstëtzt ka ginn aus Europa mat Mëttelen a mat Technologien -, dass mer déi Upassung kréien.

Mir mussen eis während der Présidence kloer maachen, och um Sommet am Mäerz vun de Stats- a Regierungschefen, dass déi Zilsetzung, fir net iwwer zwee Grad Celsius ze goen, déi Zilsetzung ass, déi mer mussen ënnerschreiwen. Mä déi heescht awer och eppes. Déi heescht awer och, dass mer an deenen nächste Jore bis 2050 net 10%, net 8%, mä 20, 30 a 40% Reduktioun musse weltwäit fäerdeg bréngen, fir dat Zil schlussendlech ze erreechen.

Dat heescht och, dass mer an eiser Présidence an engem anere Beräich, dem Transport, mussen dofir suergen, dass mer d'Eurovignette endlech duerchkréien, fir dass mer och um „modal split" tëschent dem Verkéier vum Fret, deen um Niveau vun der Strooss leeft, par rapport zu deem, deen op den Zich leeft, eng besser Pénaliséierung kréie vum Stroosseverkéier iwwert de Wee vun der Eurovignette, wou mer eis esou schwéier dinn, fir zu engem Accord ze kommen.

An et heescht schlussendlech, dass mer och de Fong fir d'Entwécklungslänner, deen et jo haut gëtt an deen am leschte Conseil vun den Ausseministeren nach eng Kéier bestätegt ginn ass, all Joer mat 369 Milliounen US-Dollar musse kënne weiderféieren. An et ass zu Recht gesot ginn, et geet dann och drëm ze kucken, wéi d'Emissiounen aus dem Flugverkéier an aus dem Schëffsverkéier mat kënnen applizéiert ginn.

Mir hunn hei eng kloer Positioun. Mir hätte gären, dass mer zu engem Accord kommen. Mir musse kucken, wat fir ee Modell dass dat ka sinn. An dofir ass och fir d'éischte Kéier zu Buenos Aires d'Delegatioun net nëmmen zesummegesat aus Fonctionnairen aus dem Ëmweltministère, mä och aus dem Transportministère, well et hei evident grouss verschiddenaarteg Lienë gëtt, déi mer dann och musse kucken.

Mir hu schlussendlech, an domadder wëll ech ophalen, de Rapport ofzewaarden, deen d'Kommissioun gemaach huet iwwert de Coût vun der Kyoto-Prozedur an de Bilan, dee se gemaach huet, dee se Ufank Februar wëllt virleeën.

Mir hunn am Februar dann déi Reesen ze maachen op déi Plaze fir Iwwerzeegungsaarbecht ze leeschten. Mir hu schlussendlech a virun allem am Mäerz dofir ze suergen, dass um Spring Council eng kloer Sprooch vun Europa an e klore Message an d'Welt erausgeschwat gëtt, wat mer no Kyoto, no 2012 wëllen. A mir hunn dann dofir ze suergen, vu dass 2012 wéineger siwen, esou wéi et am Kyoto-Protokoll steet, 2005 gëtt, nämlech dann effektiv déi Verhandlungen ze lancéieren un d'Welt an un d'Partië vun der Welt fir dofir ze suergen, dass jiddereen agesäit, dass et beim Klimawandel schlussendlech an en fin de compte dach awer ëm d'Zukunft vun der Mënschheet geet.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Minister. Als éischte Riedner ass den Här Marcel Oberweis ageschriwwen. Här Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marcel Oberweis *(CSV).*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt wëll ech dem Rapporteur Roger Negri Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schréftleche Rapport. Et war guer net esou evident déi vill Pabeieren do ze wänzelen an doraus e gudde Rapport ze maachen. Hien huet dat mat vill Bravour fäerdeg bruecht bei senger éischter Interventioun an der Chamber.

Et fält mer awer och elo schwéier, Här Minister, no lech d'Wuert ze huelen, wësst Der, Parole après ministre ass ëmmer schwéier, ech probéieren awer elo meng Interventioun eriwwer ze kréien.

Ech wollt meng Kommentaren an dräi Voleten opsplécken an ech wollt fir d'alleréischt e bësse méi ee wëssenschaftlechen erbäizitéieren. Et ass de Mëtteg scho ganz vill dovunner geschwat ginn, ech wollt et awer nach an e globale Kontext setzen. An dem Protokoll vu Kyoto, deen den 19. Dezember 1997 ënnerschriwwe ginn ass, do huet d'Philosophie vun der Précautioun, vun der Virsiicht d'Haaptroll gespillt.

Firwat koum dat? 1972 koum d'Buch vum Meadows eraus mat dem Titel „Limits to Growth"; haut géife mer soen „Growth of Limits". Deemools war et de Mënsche scho kloer: Esou kann et net virugoen. An d'Konferenz vu Rio am Joer 1992, déi huet e puer Weeër opgezeechent an ënner anerem: Wann dës Welt eng Chance behale wëllt, da musse mer gemeinsam no Weeër sichen, wéi mir dat Soziaalt, d'Ëmwelt an d'Wirtschaft zesummestrécke kënnen.

An ech soen direkt virewech: D'CSV ass e Partner op deem laange Wee, well mir gi vun haut un op deem nohaltege Wee. Mir verloossen d'Industriegesellschaft fir op eng Wëssensgesellschaft hinzesteieren.

Dee virleiende Gesetzesprojet, en ass jo hei breet erkläert ginn, gesäit ënner anerem d'Ëmsetze vun enger europäescher Ëmweltdirektiv vir. Den Handel mat den Emissiounsquote mat dem But, d'Dreifhausgasen zréckzedämmen, ass e weidert Element. Den nationalen Allocatiounsplang, et ass elo grad dovunner geschwat ginn, duerch deen d'Industriepartneren hei am Land hir 3,3 Milliou-

nen Tonnen Emissiounen zougestane kréien, steet am Mëttelpunkt vun der heiteger Diskussioun. A mir mussen ee Fong kreéieren, deen de Finanzement vun all dëse Mesuren, déi mer wëllen duerchzéien, garantéiere kann.

Vläicht e kuerze Réckbléck: Den 23. Oktober 2001 ass hei an dësem Haus de Protokoll vu Kyoto ugeholl ginn. An deem Ofkommes ass festgehale ginn, wéi d'Mënschheet d'Problematik vun dem Klimawiessel an de Gréff kréie soll. Et geet ganz einfach ëm d'Reduktioun vun den Dreifhausgasen; dat sinn déi Gasen, déi ons Atmosphär esou nohalteg belaaschten. Et ass décidéiert ginn, dass d'Emissioune vun de sechs ausgewisenen Dreifhausgasen: dat sinn de Methan, de Kuelendioxid, et sinn d'FCKWen an dräi anerer, par Rapport zum Joer 1999 ëm 5,2% weltwäit sollten zréckgeschrauft ginn, an dat bis 2012. Wann ee bedenkt, mir hunn eis deemools 20 Joer Zäit ginn an haut 2004 hu mer nach ëmmer keng grouss Schrëtt ënnerholl.

Duerfir, wann d'Industrielänner eppes wëlle bewierken, da musse si eleng hir Emissiounen nach vill méi staark reduzéieren, an dat speziell an der post-2012-Zäit, dat heescht wann de Kyoto-Protokoll voll dréint. Et läit also eng ganz grouss Aufgab virun eis all. Grad bei der Klimakonferenz vu Buenos Aires - an d'Wuert seet et jo, gutt Loft, dat passt jo e bësse beienéen - gëtt, an mir hunn et elo grad aus dem Mond vu dem Minister Lucien Lux héieren, leider nuren pallaweiert, si huelen nach ëmmer keng Décisiounen. Et misst ee si emol alleguerten an déi Länner schécken, wou et dramatesch ofleeft a Saachen Ëmwelt; da géife se vläicht méi séier reagéieren. Si mussen op där Konferenz erklären, ech hoffen dat maache se, dass mer no 2012 an déi Zäit duerno am schlëmmste Fall op 50, 60, 70% Reduktioun komme mussen Leider - dat ass och haut hei ugeklongen - mécht dé gréissten Emittent, d'USA mat hire 25% Emissiounen, net mat. Doduerjer kréie mer keng 5%, mä nëmmen nach 3,1% Reduktioun.

Lëtzebuerg huet zu Kyoto versprach seng Emissiounen, als e Musterschüler deemools, ëm ronn 28% erofzedreiwen. Dat konnte mer maachen, well mer deemools an der Optik waren, d'ARBED wiesselt vun den Héichuewegasen ewech, dat heescht d'Koksverbrennung, a geet op d'Stroumfilière iwwer. Dat ass eng gutt Saach gewiescht. Mir hunn awer vergiess, dass onst Land gewuess ass an a 14 Joer hu mer 80.000 Mënschen derbäikritt, déi och gären Energie verfeieren, déi och gären Auto fueren. Mir hunn et fäerdeg bruecht onsen Automobilpark op momentan 630 Autoen op 1.000 Awunner eropzehiewen. Do befanne mer eis am Spëtzepeloton vun der Welt.

Froe kann ee sech allerdéngs, firwat mer zu Cardiff um Sommet am Joer 1998, ech soen dat, well oft lamentéiert gëtt, net hannerfrot hunn: Kënne mer eventuell den Taux vun 28% erofgesat kréien? Dovu war keng Ried deemools. Am Joer 2002 hätte mer och nach eng Kéier kënnen nofroen; och dunn hu mer näischt gemaach. Duerfir, lamentéieren huet kee Wäert. Mir sollen elo mat vill Courage ons Aufgab iwwerhuelen an déi 28% usteieren, well wann ech an d'Geschicht zréckkucken, da mengen ech dëst Land huet scho ganz aner Aufgabe gemeeschtert.

Am Zesummenhank mat dem Kyoto-Protokoll muss och ënnerstrach ginn, dass mer während de leschte Joren - a mir waren esou houfrech drop - d'Cogénératioun virugedriwwen hunn. Mir si gelueft ginn an der Kommissioun zu Bréissel fir déi grouss Etappen, déi mer gemaach hunn, well dat war eng gutt Initiativ, well mer ganz einfach den Erdgas mat engem héije Rendement verbrannt hun, fir Wäermt a Stroum ze maachen. Wann ech gesi wéi all déi Gemengen houfrech sinn, wann de Minister bei si kënnt, fir eng Anlag anzeweien, well se domadder kënne soen, mir maachen ee Schrëtt a Richtung vun der nohalteger Entwécklung, dann ass et jo awer wierklech e bësse komesch, wa mer elo bestrooft ginn, well mer dat gemaach hunn. Firwat bestrooft ginn? Ma well dat ons Dreiwhausgasen an d'Luucht dreift aplaz erof ze bréngen. Dat heescht, dat ass keng kontraproduktiv Mesure, mä et ass einfach en Nodeel-Effekt, esou dass mer vläicht an enger nächster Etapp mussen déi Cogénératioun och positiv erabréngen.

An deemselwechten Otemzuch muss een hannerfroen, firwat mer och no dem IPCC, dem Gremium, net belount ginn, wa mer esou vill maache fir d'Fotovoltaik am Land hei virunzedreiwen. Mir hunn esou vill gemaach a leider kréie mer do näischt guttgeschriwwen. Mir hunn awer e Plus derbäi, mir wëlle bis 2010 op 5,7% eropgoen, elo hu mir schonn 3% an alles wat mer maache geet a Richtung vun deem Taux vu 5,7%. Dofir sollte mer déi Politik, déi mer elo amgange sinn, konsequent duerchféieren. A wat hu mer gemaach? Mir hu Wandenergieanlage gebaut, mir hunn d'Waasserkraaft ausgebaut a staark op d'Solarenergie gesat. Interessant och, an do si mer wäit virun anere schonn, mir hunn och déi éischt Brennstoffzellen am Land agesat, mir notzen den Erdgas mat engem Rendement vun 80 bis 90%.

Flott ass et och ze ënnersträichen, dass mer schonn 23 Gemengen hei am Land hunn, déi sech der Klimabündnis-Entente ugeschloss hunn; zu där Entente, wou een de Mënsche ka soen, mir wëlle bis 2010 eis Emissioune vun dem CO_2 ëm 50% reduzéieren. Do sinn Iddien an d'Leit wëllen dee Wee matgoen. Mir sollen hinnen dee Wee opzeechnen a och begleeden. Déi Reglementer - et ass elo ugesprach ginn - déi am Auslafe sinn, hëllefen eis déi erneierbar Energien ze förderen. Wann se auslafe sollen, da sollen se an enger anerer Form virugedriwwe ginn.

De 16. Februar 2005, also ganz geschwënn, kann duerch de Bäitrëtt vu Russland de Kyoto-Protokoll a Kraaft trieden. Dann hu mer déi Leit beieneen, déi Länner, déi am Ganze 64% zu den Dreifhausémissiounen op der Welt emittéieren. Ech hu gesot, leider feelt d'Natioun, déi 25% bäisetzt. Et ass erstaunlech, wann ee bei den USA hannerfreet, dass 4% vun der Weltbevölkerung sech erlaben, ronn 25% vun den Emissiounen ze verursaachen an dann net matmaache wann et heescht d'Welt ze verbesseren. Et ass u sech en trauregt Beispill. Mä et muss een awer och gesinn, dass an Amerika en Ëmdenken amgaangen ass.

Wat sinn dann elo d'Ursaache vun dem Dreifhauseffekt, deene Gasen, déi mer hei diskutéieren? Duerch d'Verbrenne vun de fossile Brennstoffer Kuel, Uelech an Äerdgas, entloosse mir eng riseg Meng un Dreifhausgasen an notamment un CO_2 an d'Athmosphär, déi et einfach net méi packe kann, dës Meng ze absorbéieren. D'Athmosphär gëtt esou staark belaascht, dass hir Akzeptanz iwwerschratt gëtt. An déi éischt Spure kënne mer scho gesinn. Dëst Joer entloosse mer 27 Milliarden Tonnen CO_2 an d'Athmosphär. 27 Milliarden! Dat kann d'Äerdathmosphär net méi verkraaften.

Zënter 1870, wou mir quasiment d'Eisebunn an d'Land kritt hunn - dat ass nach alles iwwerschaubar fir ons - hu mer den CO_2-Ausstouss ëm 30% augmentéiert. A wat nach schlëmmer wierkt, ass de Methan. Methan ass och e Gas. Nëmme Methan ass e Gas, deen an der Athmosphär 28-mol méi geféierlech ass wéi den CO_2.

Quasiment all Wëssenschaftler, mat deenen é schwätzt, deenen é begéint, déi soen engem - dat hei ass e komplexen Dossier-: „Et ass fënnef no 12." Et ass schonn deelweis ze spéit! Well déi éischt Répercussiounen si schonn do. Déi éischt marquant Faitë sinn do, an de Klimawiessel ass schonn ze spieren. Vläicht bei ons net esou eendeiteg. Mä aner Länner spieren dat scho ganz massiv. A wann ee bedenkt, dass déi grouss Assurancen, d'Réckassurancë vermellen, dass d'lescht Joer eleng 60 Milliarden Dollar u Klimaschied ze bezuele waren, da seet ee sech, déi Suen hätte mer kënnen an d'Drëtt Welt stiechen a mir hätten do bestëmmt kënne besser Saachen erreechen an d'Aarmut kënne méi maachen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Ronn 20% vun der Weltpopulatioun, dat sinn 1,2 Milliarde Mënschen - do gehéiere mir och dozou -, déi erlabe sech 80% vun deene Brennstoffer ze verfeieren, déi mer aus dem Äerdbuedem erausrappen: Äerdgas, Äerduelech an och Kuel. Et sinn och déi Länner, déi de Klimawiessel verschëlden a sech elo zu Buenos Aires beieneesetzen a soen: „Wéi kënne mer et besser maachen?" Ronn 2 Milliarde Mënschen - dat ass all drëtte vun dëser Äerd - verstinn iwwerhaapt net, wat mir hei schwätzen, well si iwwerhaapt keng Ahnung hunn, wat Energie ass. Si verbrauchen de gedréchenten Dung vun hire Kéi an e bësse Biomass. Dat ass schonn alles. An da mussen d'Frae während Deeg laang Reiser beienee rafen, fir owes hir Hirse waarm ze maachen. Ech géif mer wënsche mir dierften och eng Kéier mat hinnen tauschen, da géife mer vläicht agesinn, dass et och sënnvoll wier de Klimawiessel aneschters ze kucken.

Et sinn och déiselwecht Leit, déi kee proppert Drénkwaasser hunn. Mir gesinn also, mir mussen Ännerungen erbäiféieren. A kann ech engem Mënsch soen a mat him iwwer Ëmwelt schwätzen, dee soss näischt am Kapp huet, wéi säi Bauch voll ze maachen? An dat sinn 2 Milliarde Mënschen. All Drëtte mat deem kann ech net schwätzen, well deen eng aner Suerg huet. Vun der grenzenloser Mobilitéit, wéi mir se hei kennen, mol guer net ze schwätzen. A wa si e Vëlo oder en lesel hunn, hu se wahrscheinlech scho ganz vill.

Et sinn och déiselwecht, wéi op de Konferenze gesot gëtt, déi just fir een Euro am Dag ze iessen hunn. A wat gi mir aus all Dag? Si mir eis dofir bewosst, dass et grad d'Industrielänner sinn, déi an engem Joer esou vill Energie aus dem Äerdbuedem erausrappen, wéi dës Äerd, op där mer d'Chance hunn ze liewen, während 500.000 Joer beienee gesat huet? Si huet 500.000 Joer gebraucht bei Temperatur an Drock fir dat ze erzeugen, wat mir an engem Joer erausrappen.

Ee frappant Beispill ass dofir - an dat erliewe mer all Dag jo: All Dag pompele mir 84 Millioune Barrel Äerduelech eraus. Dir Herrschaften, e Barrel dat ass e Faass. Wann ee se beieneestellt, wier et annerhalleft Mol den Äerdëmfang. All Dag an all Dag. A mir verbrennen dat weltwäit mat engem Notzungsgrad, engem Rendement vun ongeféier 23%. De Rescht ass d'Erwierme vun der Atmosphär.

Komme mer zréck zu den Emissiounen - dat ass jo den Thema haut de Mëtteg. Am Joer 1970 hate mer 17 Milliounen Tonnen, am Joer 1990 woren mir scho bei 14 Milliounen Tonnen. An am leschte Joer hate mer 12 Milliounen Tonnen. Dat heescht, mir sinn amgaangen erofzegoen. Mä nach si mer wäit ewech vun deem Zil, dat mer eis gesat hunn: nämlech 10 Milliounen Tonnen.

Mir stelle fest, dass et eng Rei vun Ursaache gëtt, déi de Verbrauch no uewen dreiwen. Et ass den héijen Äerdgasverbrauch an der Stroumzentral zu Esch, den erhéichte Verbrauch vu Bensin an Diesel. Hei spillt den Tanktourismus eng grouss Roll. An d'Awunnerzuel, ech hunn et gesot gehat, 80.000 Mënsche méi an de leschte Joren, an doriwwer eraus och de wuessenden Energieverbrauch an eisen Haiser an an de Gebaier.

Mir sinn amgaange fir eng Reduktioun erbäizeféieren. Stelle mer eis eng Sekonn vir, mir géifen näischt maachen, da kann et eis passéieren, dass mer an den nächste Joren op 13, 14, 15 Milliounen Tonnen eropgoen an da musse mer fir déi Méimengten, fir déi dräi, véier, fënnef Milliounen CO_2, massiv an d'Keess gräifen - Suen, déi ons feele fir eng Crèche, e Précoce ze bauen oder wat och ëmmer. Dorop huet den Här Ewringmann och schonn higewisen. Dee schlëmme Fall hei, deen ech beschriwwen hunn, musse mer mat alle Mëttele verhënneren.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, e puer Elementer vum Klimawiessel, fir mol dee Kontext opzestellen, an deem mer eis hei befannen. Et ass gesot ginn, mir stellen eng Temperaturerhéijung vun ëm 0,7 Grad Celsius fest. Enn vun dësem Jorhonnert kënne mer am schlëmmste Fall op 6 Grad Celsius eropgoen. Mat der Temperaturerhéijung klëmmt de Mieresniveau bis Enn vum Jorhonnert op ee Meter. Stelle mer eis dat eng Kéier kuerz vir. De Bangladesch wier bei engem Meter zu 60% iwwerschwemmt - e Land, wou 110 Millioune Mënsche wunnen am Delta vum Bramaputra. Holland, Däitschland, d'Belsch sinn och schonn zum Deel iwwerschwemmt. Mä dat packen déi finanziell jo alles nach. De Bangladesch awer net!

A vergiesse mer derbäi net, dass 1,5 Milliarde Mënschen op dëser Äerd an engem Küsteträife wunne vu 60 Kilometer. A wann do d'Mier eropklëmmt, da réckelen d'Leit. D'Leit réckelen dohinner, wou anerer scho wunnen. An d'Reiwereie si fälleg. Dat ginn dann och déi éischt Klimaflüchtlingen, déi mer hei mussen erwaarden. D'Mënschen op de Malediven, Inselen déi dräi Meter héich aus dem Mier erauskucken, dat sinn déi éischt, déi musse réckelen. An déi soen eis bestëmmt net Merci.

Mä dat anert Phenomeen, dat mer feststellen: Mierwaasser, deem seng Temperatur eropgeet, ka manner Kohlendioxid bannen. An dat wäert de Problem an de kommende 50, 60 Joer ginn.

Den drëtte Volet ass de Golfstrom, mat deem ech esou frou sinn, well en eis d'Atlantikküst vun eisem Kontinent waarm hält. Mir stellen awer fest, wann d'Schmëlze vun de Gletscheren esou virugeet, da gëtt méi Séisswaasser an d'Mier ageleet. De Salzgehalt wäert sech ënneren an domat kann et virkommen, dass de Golfstrom scho virun der Küst vun England ëmdréine wärt.

Dann de Permafrost a Sibirien an an Nordamerika. Do leie riseg Menge Methan, déi elo duerch d'Erhëtzung fräi gemaach ginn; eng weider Belaaschtung fir eis Atmosphär. Ee klengt Beispill nëmmen. D'Äerdgasversuergung vun Europa aus Nordsibirien, hei leie Pipelinen einfach op dem gefruerene Buedem. D'Russe soen op de Konferenzen, hire Buedem entdeet an domat sacken d'Äerdgaspipelinen an de Buedem eran. Mir kënnen eis virstellen, da gëtt eis Äerdgasversuergung méi prekär an och méi deier.

An de leschten Etüden iwwert de Klimawiessel ass och gesot ginn, dass den Nordpol an de Südpol enger dramatescher Entwécklung entgéintkucken. Verännerungen op der Arktis spiere mir éischter an um Nordpol ass nëmme gefruerent Äis, mä um Südpol läit en Äispanzer vu véier Kilometer. A wann Der emol d'Biller vun de Satelliten ukuckt, do sinn elo scho Bléck an der Gréisst vum Benelux ofgebrach, déi do ronderëm schwammen an eng Gefor fir d'Schëfffaart duerstellen.

Ee Punkt nach zum Schmëlze vun eise Gletscheren, déi eis jo esou no sinn, well mer gären an d'Vakanz an d'Alpe ginn . Et ass vun der Universitéit vun Zürich festgestallt ginn, vum geographeschen Institut, dass an de Joren 1985 bis 2000, also an eleng 15 Joer, d'Surface vun de Gletscheren an der Schwäiz ëm 25% zréckgaangen ass. Wann et esou weidergeet, da soen d'Etüden, vun 2025 u wäerte mer kee Wantersport méi ënner 2.000 Meter Héicht maache kënnen.

D'Klimazone wäerten sech och ënneren, d'Fauna an d'Flora wäerte sech ënneren. Ee Grad Celcius Temperaturerhéijung bedeit fir ons, 1.000 km ginn d'Klimazonen no Norden. Mir mussen dovunner ausgoen, dass och Krankheeten erëmkommen, vun deene mir gemengt haten, si wäre längst iwwerwonnen.

Dës Beispiller, Dir Dammen an Dir Hären, sollen eis beweisen, dass wa mer hei mateneen iwwert de Kyoto-Protokoll schwätzen, dass mer och eng gewësse Verantwortung hunn. Mir als klengt Land kënne wuel net alles verbesseren, mir kënnen awer Signaler aussenden.

Den zweete Volet vu menger Diskussioun soll da sinn: D'Belaaschtung vun der Atmosphär gëtt ee Käschtepunkt. Wann een elo just vun de Konsequenze vum Klimawiessel geschwat huet, da mussen et jo awer och Weeër ginn, an dëse Projet de loi weist dat, wéi mer hei virgoen sollen. An der Rumm vun dësem Klimawiessel huet déi parlamentaresch Vollversammlung vum Europarot de 7. Oktober dëst Joer een Opruff gemaach. Si hunn eng massiv Reduktioun vun der Energieofhängegkeet vun de fossile Brennstoffer verlaangt. Si hu manner Verschmotzung vun der Atmosphär duerch Dreifhausgase gefrot a si hu verlaangt, dass mer eis erneierbar Energië vill méi an de Mëttelpunkt vun eisen Diskussioune setze sollen. Dat ass eng Opfuerderung fir eis alleguer!

Wann een d'Zuele vun der Energieagentur zur Hand hëlt, da gesäit een, dass bis d'Joer 2030 den Energieverbrauch ëm weider 30% wäert klammen. An nach ëmmer sinn et leider déi fossil Energieträger, déi de Maximum ausmaachen, nach ëmmer zu iwwer 80%. Dat kënnt duerch Länner wéi China, Indien, Indonesien, déi elo amgaange sinn an hire Wirtschafte massiv op déi Energieträger ze setzen, vun deene mir hei schwätze mir solle se zréckdämmen. Et wäerten also déi Länner an d'Entwécklungslänner sinn, déi eis hei de Kuch e bësselche versalzen. Mä si mussen awer elo, fir hir Bevölkerung op een Niveau ze kréien, wéi mir en hunn, hiren Energieverbrauch an d'Luucht hiewen.

D'Industrienatiounen, ech hunn et elo grad gesot, si fir den Dreifhauseffekt am meeschte responsabel. Et sinn och déi, bei deenen als éischt muss verlaangt ginn an och gefrot ginn, dass se mat modernen Technologien net nëmme bei ons hei schaffen, mä, au contraire, se och anere Länner iwwerloossen. Et ass jo eng dramatesch Situatioun, dass mir hei bei ons d'Technologien asetzen an deelweis al Technologien an déi aarm Länner verkafen. Mer sollen de Leit direkt déi richteg Weeër weisen, a mat hinnen hir Aarmut an de Klimawiessel bekämpfen. Esou soll een déi nohalteg Entwécklung gesinn. Grad d'Ënnerstëtzung vun den erneierbaren Energië kann dozou bäidroen, dass d'Aarmut an d'Energieofhängegkeet vun den Entwécklungslänner am staarke Mooss reduzéiert ginn.

Een Haaptelement an deem Prozess hei ass d'Energieofhängegkeet vun eiser Gesellschaft. Doriwwer si mer eis jo nach guer net esou richteg bewosst. Vläicht e puer Zuelen hei. Déi Europäesch

Unioun, do si mer zu 25, huet haut eng Energieofhängegkeet vu 50%. An d'Europäesch Kommissioun seet an hirem Wäissbuch: Mir komme bis 2020 op 70% erop. Beim Äerduelech hu mer schonn 80%, dat ass bedéngt duerch de gesamte Verkéierssecteur. Wat den Äerdgas ubelaangt si mer net vill besser, well do leien d'Förderquelle geschwënn net méi an Europa. Eis europäesch Felder ginn ëmmer méi eidel, dowéinst musse mer eis ëmmer méi staark op Russland oder op d'Maghrebstate verloossen. Mir kréien vun do am Joer 2020 scho 75 bis 80% vun eisem Äerdgasverbrauch, an nach ëmmer si mer der Meenung, mir missten iwwerall Äerdgas hindreiwen.

Fir déi opgespaante Rumm awer elo fäerdeg ze maachen, wollt ech nach kuerz op d'Reserven agoen, well wann ee vun Energieträger schwätzt, da muss ee jo wëssen, wat mer iwwerhaapt nach hunn. Äerduelech mat heitegem Kenntnisstand fir 45 Joer, Äerdgas fir 65 Joer a Kuel fir e puer honnert Joer, dann ass dee Spaass eriwwer. Dann ass dat eriwwer, wat eis Äerd dohinner getässelt huet. Mir fanne sécher nach Äerduelech, mä zu wellechem Präis. A wann de Präis eropgeet, da kann dat jo nëmmen e Korrektiv fir onst Verhalen sinn.

Dierf ech hei just à titre d'exemple soen, dass mer schonn den Äerduelech am Kaspesche Mier, dat ass net esou wäit ewech vun hei, dat ass d'Ostgrenz vun engem vergréisserten Europa, géing ech bal soen, do zéie mer den Äerduelech eraus bei 7.000 Meter an an Indien huele mer d'Kuel eraus bei bal 4.000 Meter. Ech mengen also, dass een erhéichte Präis am Äerdgas an am Äerduelech e gudde Korrektiv kéint sinn, well eréischt dann ass de Konsument bereet säi Verhalen ze änneren, wann et em am Portmonni wéi deet.

Mir musse ganz einfach de Message ginn, dass mer d'Energie méi intelligent a méi effizient wëllen notzen. Dofir hu mer schonn eng Strategie hei am Land entwéckelt, an ech wëll just e puer Punkte vun där Lëtzebuerger Strategie opzielen. De Klimaschutzprogramm ass 2000 geschriwwe ginn.

Do steet dran:

- d'Reduktioun vun den Emissioune vun den Dreifhausgasen ëm 28% bis 2012;

- den Opbau vun der nohalteger Entwécklung;

- d'Part vun den erneierbaren Energië bis op 5,7% eropsetzen, déi läit elo scho bei 3%;

- d'Reduktioun vun der Energieintensitéit ëm 20% bis 2010 duerch eng méi rational Energienotzung vun där agesater Energie;

- eng efficace Berodung op dem Gemengeplang, well et do wichteg ass, dass ons Gemengen no beim Bierger all Mënsch informéieren,

- da musse mer onbedéngt den Heizenergieverbrauch weider substanziell ëm 30% pro Wunneng erofsetzen;

- eng breet Ënnerstëtzung fir all Mesuren, déi fir d'Ëmwelt gutt sinn.

Souguer de Rapport Lissabon-Strategie vum Wim Kok, deen elo viru kuerzem erauskoum, huet gesot, dass grad d'Ëmsetze vun den Ëmweltinnovatiounen eng gutt Aktioun ass. Duerch esou Innovatioune kënne mir all gewannen a speziell kënne mir nei Aarbechtsplazen an eiser Gesellschaft formëieren, wou mer der jo vill brauchen.

Vläicht zwee kleng Beispiller fir ze soen, dass net alles awer esou schlëmm, ass wéi et hei beschriwwe gëtt. Zum Beispill ass den Nova-Stroum hei am Land vun der Firma Cegedel agefouert ginn. Dat ass am Joer 2003 gewiescht, also virun engem Joer. Clientë kënnen do elektresch Energie aus erneierbaren Energien oder aus der Cogénératioun bezéien. Dat mécht bei engem normalen Haushalt vu véier Leit bei engem normale Verbrauch vu 4.000 kWh Méikäschte vun 100 Euro am Joer oder 8,33 Euro am Mount - also manner wéi eng Pizza. Et ass awer erstaunlech, wat ech elo soen: An enger Zäitspann vun engem Joer hu sech genau 839 Clienten entscheet vun 140.000 Clienten. Deen Energieverbrauch ass just 1‰ vum gesamte Cegedels-Verbrauch. An dobäi gëtt d'Cegedel fir all kWh, déi ee bezitt, och nach zwee Cent an en extrae Fong, aus deem Fong ginn nei Initiativen an den erneierbaren Energien ënnerstëtzt. Et ass jo a sech schued, dass ee selwer eppes kënnt bäisteieren, an awer geschitt näischt. Mir gesinn also, et ass net ze spéit eppes Guddes ze maachen.

Vläicht en anert Beispill, dat ass d'Wärmedämmung an eisen Haiser. Dat ass ugesprach ginn an do läit fir mech dee gréisste Knackpunkt dran, do kënne mer am meeschte maachen. Mir hu lo geschwat hei vun der Fotovoltaik, dat ass een Deel vun der Wourecht. Deen zweeten Deel, wou d'Sonn awer ganz massiv hëlleft, dat sinn déi sou genannte Solarkollektoren, déi thermesch Kollektoren. Wann een dat gutt op säin Haus opbaut, da kann ee vu quasiment Mäerz bis Oktober säi Waarmwaasser eleng iwwert d'Sonn decken. Et ass awer flott, wann ech dat fäerdeg bréngen, an d'Differenz gëtt mat Äerdgas oder Masutt an de Wanterméint nach nogeliwwert.

Huele mer d'Beispill vum Niddreg-Energie-Haus. Do hu mer nach just sechs Liter Masutt op de Quadratmeter an engem Joer. An engem Passiv-Haus nach 1,5 Liter op de Quadratmeter am Joer. A wann Der haut mol eng Kéier Är Haiser kuckt, do leie mer bei 30, 40, 50 an nach méi Literen op de Quadratmeter an engem Joer. E ganz klengt Beispill nëmmen. Wéi vill Gebaier am Land hu mer mat enger einfach verglaaster Fënster, mat engem Glas nëmmen dran? Wann ech déi géif ersetze mat enger Zweefachverglasung, da spuert een op engem Quadratmeter an engem Joer 40 Liter Masutt. Vun einfach verglaast op zweefach verglaast. An dat si vill Suen, déi een als Gemengepapp oder als Privatmann kann aspueren. Grad hei wäert d'Ëmsetzung vun der neier Direktiv bis 2006 fir d'energetesch Performance e gudden Usaz sinn. An derniewent dierf een net vergiessen, dass d'Handwierk, eis PMEen, d'Bureaux d'ingénieurs, d'Architekten hei och massiv agesat kënne ginn.

Een anert Element hei ass den Asaz vun der Biomass. D'Biomass, dat ass eng Energie aus eise Géigenden. Si gëtt net transportéiert, bréngt also keen CO_2 erbäi, wa se verbraucht gëtt, direkt um Terrain selwer ensteet se. Duerch d'Verbrenne vun Holz gëtt éischtens emol eng nohalteg Bëschbewirtschaftung gemaach. Eis Bëscher gi mol erëm an d'Rei gesat. Do wieren eis Fierschtere frou, a Leit, déi sozial net sou gutt do stinn, kënnten och mol eng Aarbechtsplaz kréien.

Et ass eng Etüd virun engem Joer gemaach ginn an déi huet bewisen, wa mir et fäerdeg bréngen, all Holz aus onse Bëscher, dat am Joer nowiisst, ze verfeieren, da kënne mer 4 bis 8% vun dem agesatene Masutt am Joer spueren, an déi Euroe bleiwen hei am Land.

Den Agrarsecteur ass ee vun eise performantesten Elementer a Partneren an dëser Saach. D'Bauere kënnen iwwert d'Biogasanlage Wäermt a Stroum produzéieren. D'Beispill vum Réidener Kanton beweist ganz einfach, dass d'Baueren eppes gemaach hunn, d'Réidener Schwämm an de Lycée ginn iwwer e Fernwärmenetz alimentéiert mat der Wäermt, déi an der Biogasanlag gewonne a verbrannt gëtt.

An da kommen ech zu engem anere Punkt: dem Verkéier. Do si mer jo natierlech e bësse méi wäit ewech, well dat geet jo dann net sou einfach. Mir hu gesot, dass mer e „modal split" vu 25% zu 75% wëlle kréien. Dat heescht, 25% vun alle Bewegunge solle mat dem öffentlechen Transport duerchgeféiert ginn. D'Eisebunn huet an de leschte Méint ganz grouss Effortë gemaach an déi mussen elo honoréiert ginn, andeem mer d'Leit invitéieren, net zwéngen, mä invitéieren op dee performanten Outil de transport ëmzewiesselen.

Och den IVL huet hei eng ganz kloer Sprooch geschwat. Ech sinn elo och frou vum Minister ze héieren - en ass elo fort -, dass grad d'Sudcal elo zum Droe kënnt, wou mer d'Wäermt aus der Stroumzentral zu Esch kënnen auskoppelen. Dat ass dee richtege Wee. Amplaz 56% Notzungsgrad komme mer da vläicht schonn op 80%, an dann hu mer e gudde Schrëtt gemaach a Richtung vun der Nohaltegkeet.

Wat den Tanktourismus ubelaangt, dat ass scho gesot ginn en long et en large, ech well net dorobber agoen. Ech mengen awer, dass et nach e Punkt gëtt, deen nach eng Kéier muss opgegraff ginn, dat ass d'Diskussioun zur ekologescher Steier. Dat ass e Wee, dee mer beschreide kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, opgrond vun dem Kyoto-Protokoll ass dem Lëtzebuerger Land dann den CO_2-Allocatiounsplang zougestane ginn. Mir hunn 10 Milliounen Tonnen zougestane kritt. Déi musse mir bis 2012 erreechen. An dësem Joer leie mer bei eppes méi wéi 12 Milliounen. Dat heescht, et ass eng Aufgab virun eis, mir mussen dat an d'Hand huelen. Wa mir lo näischt ënnerhuelen, da - wéi gesot - komme mir op 13, 14, 15 Milliounen Tonnen erop. Dat géif heeschen, mir mussen da fir dräi, véier, fënnef Milliounen am Joer duerch de Budget déi finanziell Moyenë bereet stellen, fir dës Belaaschtung vun der Atmosphär ze bezuelen.

Dann nach de Marché vun de Certificaten. Am Oktober dëst Joer konnt een noliesen, do war de Präis nach bei ronn 9 Euro pro Tonn, elo e puer Méint méi spéit, wou de Kyoto-Protokoll zum Droe kënnt, komme mer schonn un 30 Euro a 40 Euro erun. Dat heescht, elo ass dat op eemol eng interessant Wuer. Russland ka vill Milliarden Tonnen CO_2 op de Marché bréngen.

An där Proufzäit vun dem 1. Januar elo nächst Joer bis de leschten Dezember 2007 mussen dann déi 13 Betriber mat hiren 19 Installatioune Certificater virweisen. Dat sinn 3,3 Milliounen. A si hunn nach eng kleng Reserv dobäigesat kritt. Wa se déi Emissiounen net iwwerschreiden - dat ass dat Flottst dobäi -, da kënne si op de Marché verkafe goen. Wa se se iwwerschreiden, da musse se dofir eng Strof bezuelen. An den éischten dräi Joer bedeit dat scho fir si 40 Euro d'Tonn. An an der zweeter Phas bedeit dat schonn 100 Euro d'Tonn, déi si musse bezuelen. Dat heescht also, eis Industriepartneren, déi souwéisou schonn e ganz groussen Apport geleescht hunn am Klimawiessel, si gefuerdert, hir Emissiounen an de Gréff ze huelen. Mä net si eleng si gefuerdert, och déi aner Secteuren, den Transportsecteur an de Secteur vun den Haiser an de Gebaier sinn do kloer gefuerdert.

Vläicht nach e Wuert dann och zu der Finanzéierung vun de flexibele Mechanismen. Dëse Fong, dee mer agesat hunn, ass elo an éischter Instanz mat 5 Milliounen Euro am Budget besat ginn. Dat soll eis hëllefen, handelbar Certificater ze kafen. Et muss een och dovunner ausgoen, dass dëse Fong an den nächste Joren nach vill Sue wäert brauchen, well mer net esou séier op eist Zil kommen an duerfir mussen akafe goen.

Eleng an der Zäitspann - ech wëll dat just an engem Beispill illustréieren -, do ginn dat scho 45 Milliounen Euro iwwert dräi Joer, ënnert der Viraussetzung awer, dass mer 5 Euro d'Tonn besetzen. Wa mer dat mat 20 Euro d'Tonn besetzen, hu mer schonn dann 300 Milliounen an deene fënnef Joer, déi duerno kommen. A kee weess vun ons, wéi déi Certificater am Präis wäerten ausgesinn. Wa se op 50 Euro oder 100 Euro eropginn, da musse mer ganz einfach honnerte Millioune bereetstellen, an da wäert och eng Diskussioun amgaange si mat dem Tanktourismus. An da musse mer eis och hannerfroen, wéi et mat der Besteierung vum Kerosin ass. Déi Fro musse mer och eng Kéier op den Dësch bréngen.

Den drëtte Volet vläicht - e puer Schlussbemierkungen. Eist Liewe besteet net nëmmen aus Alternativen an aus Konsequenzen, mä neen, och aus Verbueder a Strofen. Dofir weist Kyoto och nei Weeër op. An dat sinn déi flexibel Mechanismen. Et ginn der zwee. Deen een, dat ass d'Mise en œuvre conjointe, de sou genannten „joint implementation", déi ons erlaabt, CO_2-Certificater vun engem Industrieland mat deem aneren a Partnerschaft auszetauschen. An deem Partnerland soll eng Reduktioun vun der Emissioun erbäigeféiert ginn. Dat Land, dat dann d'Geld investéiert, kritt déi da bei sech ugeschriwwen.

Lëtzebuerg kann zum Beispill zu Tuzla a Bosnien, wou ech scho selwer war, an engem Kuelekraaftwierk hëllefen, duerch nei Technologien de Leit eng besser Liewensqualitéit ze garantéieren, andeem mer den CO_2 dohannen dämmen, awer och doniewent den SO_2. Mir kéinten et fäerdeg bréngen an deem Kraaftwierk 300.000 Tonnen anzespueren a mir géifen déi Tonnen ugeschriwwe kréien. Dat ass deen éischte Wee vun dem flexibele Mechanismus.

Deen zweete Volet ass awer dee vun der Partnerschaft mat den Entwécklungslänner. Dat ass de Mécanisme de développement propre. Do kënne mer eis engagéieren niewent eiser Entwécklungshëllef. Mat deene Länner kënne mir Projeten opzéien, duerch déi si hir Emissiounen erofdrécke kënnen. Mir sollen hinne modern Technologië ginn, dat kënnen zum Beispill Fotovoltaik- oder nach besser Biomassanlage sinn, fir dass si net déiselwecht Feeler maachen, déi mir gemaach hunn, a wéinst deene mir haut hei beieneesëtzen.

Et ass jo awer dramatesch, wann ee gesäit, dass d'Fraen an Afrika d'Waasser um Kapp mussen droen. A wéi einfach wier et mat enger Fotovoltaikanlag a mat engem Pëtz dat Waasser aus dem Bueden erauszehuelen an da kéinten déi Fraen aner Saache maache, wéi esou eng schwéier Aarbecht ze leeschten. Mir kënnen eis och u Bamplanzaktiounen an deene Länner bedeelegen.

Ech hunn elo grad gesot, de Klimasprotokoll ëmzesetzen, dat kéint an deem engen oder anere Kapp dann eng schwiereg Phas ginn. Vergiesse mer awer net, mir hunn et scho fäerdeg bruecht, an den 80er Joren de Schwiefeldioxid ëm 70% zréckzedreiwen. Do ware mir zwar selwer mat implizéiert duerch d'Schwiefelsaier, déi op eis Käpp gereent huet, do ware mer séier dobäi eppes ze maachen. Mir hunn och de Stickoxid ëm 25% reduzéiert. An doniewent hu mer eis och verflicht d'Emissioune vun den FCKWen am Montreal-Protokoll an eise Géigenden op Null ze setzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, visionär Gedanken hunn ëmmer entscheedend Entwécklungen op de Wee bruecht, an déi vun den anereren, der nächster Generatioun da quasiment gottgewollt higeholl si ginn. Ech denken un d'Dréckerei, un d'Eisebunn, un de Computer an un den Tëlefon. Dat war fir d'Mënsche vun deemools eng Revolutioun, haut ass dat eppes ganz Normales schonn. Mir mussen dofir dës spannend Iddien thematiséieren an nei Weeër opzeechnen. Mir mussen eis och eng aner Mobilitéit ginn. Mir mussen eis Ziler konsequent an efficace duerch eng méi nohalteg Energieversuergung usteieren, dat heescht mir reduzéieren eisen Energieverbrauch hei am Land duerch eng rationell Energienotzung a réckelen ewech vun de fossilen Energieträgeren. Dobäi verdäiwele mir awer net déi momentan Strukturen. Déi brauche mer nach, wuelwëssend awer, dass déi auslafen a mir eis op nei Weeër musse beginn. Mir ënnerstëtzen dofir ganz massiv all Notzung vun den erneierbaren Energien, speziell déi vun de Solarkollekteren an der Biomass.

An nach ee klenge Volet dobäi. Kucke mer eis emol nach eng Kéier d'Loun- an d'Niewekäschte vun de Betriber un. Do stelle mer fest, dass déi an der Gréissteneerdnung si vun duerch d'Bank 20%. Bei anere Betriber hu mer Material- an Energiekäschte vu 50% schonn. Duerch eng duerchduechten Energieeffizienz kënne mir et fäerdeg bréngen, den Energieverbrauch an de Betriber dann erofzesetzen an domat och dann d'Kompetitivitéit um Marché ze erhéijen.

Schonn eleng aus der Iwwerleeung eraus, dass an de kommende Joren d'Präisser vun deene fossilen Energien: Äerduelech, Äerdgas a Kuel uklamme wäerten, mécht all Operatioun an dës Richtung zu engem ganz flotten Ament. Haut investéiere bréngt muer seng Friichten, an dat op méi Niveauen. Am anere Fall ginn eis d'Aen op gemaach an dat kascht eis vill finanziell Mëttelen.

Schonn am Koalitiounspabeier ass sech kloer fir déi nohalteg Entwécklung. ausgeschwat ginn. D'Regierung huet sech fir d'Agenda 21 ausgeschwat, déi zu Rio festgehale ginn ass. An dëse Projet de loi, dee mer diskutéieren, passt genau an dëst Konzept eran.

Zum Schluss vun den Ausféierunge wëll ech awer nach een Ament bei der Schoul a bei der Universitéit verweilen. Wann dës Gedanken iwwerhaapt ee Sënn solle maachen, déi mer haut hei diskutéieren, da musse mer ufänken an der Schoul. An der Schoul musse mer d'Jugend dorop virbereeden, si, déi vu mar un de Schalthiewelen ass, an net méi mir, dass si dann hir Verantwortung muss huelen. Grad d'Schoul soll an engem vernetzten Zesummenhang weisen, dass d'Wirtschaft, d'Ëmwelt an dat Soziaalt ee Gemeinsaamt ass. Do musse mer eis och erlaben no der ethescher Approche ze froen, well mer net eleng fir eis d'Responsabilitéit hunn, mä och fir déi Länner an der Drëtter Welt.

D'Uni Lëtzebuerg kann een hei och als ee Partner erabréngen, well do läit ee grousst Innovatiounspotenzial. Eis Universitéit, eng vu villen an der Groussregioun, muss op deem wëssenschaftlechen an technesche Plang hei agebonne ginn. Villes ass scho gemaach ginn a mir kënnen dorop opbauen. D'Universitéit mat hirer Fakultéit vun der Wëssenschaft an der Technik kann hei ganz kloer ee gudden Deel bäisteieren zum ökologesche Wuelstand vun eisem Land. Dëse Projet de loi, dee mir haut hei stëmmen, ass dofir keng Belaaschtung, mä eng Erausfuerderung un där mir gemooss ginn. Dat ass zugläich eng Chance fir de Mënsch an d'Ëmwelt.

A vläicht nach ee lescht Wuert vum Laotse, engem grousse Philosoph, en huet gelieft 300 viru Christus. En huet gesot gehat: „Wann de Wand vum Wiessel bléist, da bauen déi eng Maueren an déi aner baue Wandmillen." Ech hoffe mir gehéieren zu der leschter Grupp.

Et ass net ons Aufgab eis Zukunft virauszegesinn, mä mir sollen drop virbereet sinn, an dat solle mer ge-

meinsam maachen, dofir dräi Konklusioune vu menger Säit.

Wa mer dësem Projet de loi eng reell Chance araume wëllen, da muss et zu engem Mentalitéitswandel an eiser Gesellschaft kommen. Den nohaltege Wee muss dee sinn, dee mir am Respekt fir eis Generatioun an déi nokommend Generatioune goe wëllen.

Mir mussen eis un de Gedanke gewinnen, dass d'Zäit vun de Bëllegenergien endgülteg verbäi ass. Mir mussen eng aner Energieversuergung opbauen an dozou gehéieren dann och déi erneierbar Energien. Wann ech mer virstellen, wat de Professer Dürr gesot huet, mir missten déi 2-kW-Gesellschaft opbauen, da wäre mer eng ethesch équitabel Gesellschaft; dat géif vum Eenzelnen a fir den Eenzelne bedeiten, dass en nach genau 1.760 Liter Masutt fir sëin Energiebedarf an engem ganze Joer ze decken. Da rechne mer eis emol aus, wat mer am Joer verbrauchen. 1.760 Liter Masutt, dat ass een Drëttel vun dem Tank am Haus.

Den Allocatiounsplang an déi flexibel Mechanismen aus dem Kyoto-Protokoll hëllefen eis hei zu Lëtzebuerg, si maachen awer och de Wee op fir de Mënschen an der Drëtter Welt eng méi grouss Chance ze ginn.

Zum Schluss vu mengen Ausféierunge wëll ech den Accord vun der CSV erabréngen an ech soen lech Merci, dass Der mer esou laang nogelauschtert hutt.

Plusieurs voix.- Très bien.

Une voix.- Au vote!

M. le Président.- Merci, Här Oberweis. Als nächste Riedner ass den honorabelen Här Emile Calmes agedroen. Här Calmes, Dir hutt d'Wuert.

M. Emile Calmes *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll och dem Rapporteur hei félicitéiere fir säi gudde schréftlechen a mëndleche Rapport, dee mëndlechen dee ganz detailléiert war.

Ech berouegen lech direkt, ech bleiwen elo keng Dräivéirelsstonn hei. Et ass och bal alles gesot, wat ze soe war. A regelméissegen Ofstänn, och schonn an der Vergaangenheet, hu mer eis des Öftere jo hei iwwert dee Kyoto-Protokoll ënnerhalen. Et kann een deem praktesch näischt Neies méi zoufügen. Dat maache mer zënter 1992, dat Joer, wou zu Rio de Weltsommet war. Dat hu mer 1997 gemaach, wéi Lëtzebuerg sech zu Kyoto mat minus 28% engagéiert huet, dat hu mer 2001 gemaach, wéi mer déi Kaderkonventioun dann hei an der Chamber gestëmmt hunn.

Déi Kaderkonventioun, déi 1997 zu Kyoto festgehale ginn ass, ass awer net méi déi, déi et haut ass, well an der Zwëschenzäit op deenen zéng Klimaschutzkonferenzen dës esou ofgeännert ginn ass an esou ofgeschwächt ginn ass, dass se net méi dee Wäert huet, dee se u sech uganks hat, mä dat war a sech de Präis, deen ze bezuele war, fir dass se iwwerhaapt a schlussendlech am Februar d'nächst Joer kann a Kraaft trieden, nodeem Russland dës Konventioun da ratifizéiert hat. Dat setzt se natierlech nach ëmmer net a Kraaft fir jiddfereen, well se nach ëmmer nëmmen 63% vun deenen Emissioune weltwäit ofdeckt, déi verursaacht ginn. Ee vun den Haaptemittenten, dat ass schonn hei gesot ginn, d'USA mat 25%, feelt do, mä d'USA net eleng, et sinn och nei Ekonomien, déi feelen, déi op d'mannst fir d'Zukunft gradesou vill Wichtegkeet wäerten hunn, wéi zum Beispill China, Indien a Brasilien, déi och an esou enger Konventioun wéi där heiten net däerfe feelen.

An et ass e puermol drop higewise ginn, dass d'Problematik hei eng global Problematik ass an dass do och nëmme ka global eng Léisung erbäigefouert ginn. Et kann net sinn, dass zwee Drëttel vun de Länner op der Welt Efforten hei maachen an dass d'Betriber sech délocaliséieren an déi Länner, déi hei net matmaachen. Dat géif kee Sënn maachen.

Perséinlech sinn ech och relativ zouversiichtlech, dass déi Länner do deemnächst wäerte matzéien. Ech ka mer elo net virstellen, dass d'USA, an ech hunn dat d'lescht Woch schonn hei gesot, bei engem Marché vun där doter Envergure wäerte feelen, an dat wat de Minister hei gesot huet ass richteg, dass et an Amerika net nëmme Leit gëtt, déi géint de Kyoto-Protokoll sinn. Et gëtt ganz vill Länner an Amerika, déi do dofir sinn. Et brauch een och nëmmen op den Internet ze goen an dat nozeliesen.

Do fënnt een zum Beispill eng Säit vun Chicago Climate Exchange, déi elo mat der London Climate Exchange zesumme wëllt goe fir esou am Emissiounshandel matzemëschen. Et brauch ee guer net ze mengen, dass d'Amerikaner deen Ament, wou se hei mat eraginn, net wäerten drop virbereet si fir dës Situatioun hei ze meeschteren.

Am anere Fall, mengen ech, wäert déi Kaderkonventioun vu Kyoto dach awer e Sujet gi vun deenen Diskussiounen, déi um Niveau vun der Welthandelsorganisatioun gefouert wäerte ginn, well ech ka mer jo net virstellen, dass eng Globaliséierung vun der Wirtschaft ouni eng Harmoniséierung vun dëser Problematik Zukunft wäert hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet ginn dann all déi Lige gestrooft, déi gemengt hunn de Kyoto-Protokoll kéim iwwerhaapt ni zustanen. Déi, déi awer mengen d'Problemer wieren elo heimat geléist, déi ire sech gehéierlech, well dat hei ass just den Ufank vum Ufank vun engem Prozess, a loosse mer eis näischt virmaachen, et wäert nach laang daueren ier mer dëse Problem geléist hunn.

Dir kënnt lech vläicht e Beispill un engem Protokoll huelen, dee vu Montreal, deen d'Problematik mat den CFCe geléist huet, deen an der Zwëschenzäit ewell 30 Joer um Bockel huet, wat hei an der Chamber ugefaang huet sengerzäit mat deem sou genannte Spraydousen-Gesetz an déi Mesuren, déi an der Zwëschenzäit geholl gi sinn, déi kréien nach nëmmen en Effet a 50 Joer. Dat Ozonlach, wat mer haut hunn, gëtt nach ëmmer méi grouss opgrond vun deenen Emissiounen, déi an der Vergaangenheet gemaach gi sinn. Ech weess net wéi vill Zäit, dass mer nach hunn, fir de Problem vum Zäreneffet ze léisen. Souwéisou ass dee Schued, dee visuell ugeriicht ginn ass opgrond vun deene wëssenschaftlechen Erkenntnisser, déi mer hunn, irréversibel; deen ass gemaach. Ech mengen, et geet elo drëm fir dee Schued a Grenzen ze halen an net muttwëlleg nach méi grouss ze maache wéi e schonn ass.

Ech wëll awer och hei kloer ënnersträichen, dass et net d'Europäesch Gemeinschaft ass, zu deene Lëtzebuerg jo kann zielen, déi an der Vergaangenheet de Problem hei ënnerschat huet. Schonn am Virfeld vun der Ratifikatioun vum Kyoto-Protokoll an och vun dëser Direktiv huet d'Europäesch Unioun ganz vill Effortë gemaach. Si huet ëmmer erëm op deene verschiddene Konferenzen eng Virreiderroll gespillt, an dank der Europäescher Unioun war et och esou, dass de Kyoto-Protokoll net zu Fall konnt bruecht ginn, well mer einfach heiran eng offensiv Positioun haten.

D'Europäesch Gemeinschaft huet an der Vergaangenheet wéi gesot Direktive gemaach zur rationeller Notzung vun der Energie, awer och zu den erneierbaren Energien, och zum Energiespueren. Gläichzäiteg ass awer elo hei eng Direktiv gemaach ginn, wou et u sech ëm den Handel mat Certificate vum Zäregas geet. Dat ass och fir eis u sech de konkreten Ufank vun dësem Kyoto-Protokoll. Och dës Direktiv, déi hei zustane komm ass, ass natierlech och ëmmer nëmmen e Kompromëss mat där Direktiv. Dat ass elo schonn e puermol hei gesot ginn.

Et ginn d'Quote festgeluecht fir déi grouss industriell Betriber fir d'Joren 2005 bis 2008 an et gëtt u sech den Handel geregelt oder d'Konditioune gi geregelt, ënnert deenen dës Acteure kënnen ënnereneen handelen. Da seet munchereen: „Jo, dat geet net wäit genuch, déi Direktiv hei, well et nëmmen déi industriell Betriber betrëfft. Wéini kommen dann elo déi Léisunge fir déi aner Secteuren, dat heescht fir den Transportsecteur an de Secteur vun de Stéit?" Deene kann een entgéinthalen, dass mer eis mat där Direktiv hei an enger Testphas befannen an deenen nächsten dräi Joer, ier dann den Eescht mam Kyoto-Protokoll ugeet 2008, wou dann awer schonn och d'Basiskonditiounen heifir geluecht gi sinn.

Wéi gesot, déi eng bedaueren, dass et nëmmen d'Industriebetriber sinn, an d'Industriebetriber bedaueren, dass si et sinn. Den Industriebetriber kann een awer soen, dass si déi Emissiounsrechter dach awer relativ generéis an dobäi och nach gratis zougestane kritt hunn, u sech als Dank fir déi Efforten, déi si an deene leschte Joren hei gemaach hunn, wou een awer nach ëmmerhin déi Effortë muss relativéieren, well de Gros vun dësen Efforten dach awer bei der ARBED läit, wéi se vun der Koksphas eriwwer an d'elektresch Phas gaangen ass. Mä ech mengen och doduerch, dass d'Quote festgeluecht sinn iwwerhaapt fir déi Betriber hei, sinn automatesch d'Quote festgeluecht fir déi aner Secteuren. Dat wat bleift, ass fir déi, nämlech am Prinzip d'Halschent fir den Transportsecteur an déi aner Halschent fir d'Stéit. Zu Lëtzebuerg ass déi Situatioun e bëssen anescht, well mer dach awer eng atypesch Situatioun hunn, an ech sinn och frou, dass de Rapporteur dat a sengem Rapport hei ganz kloer ënnersträicht. An der Vergaangenheet war dat bei der LSAP, mengen ech, net ëmmer esou kloer.

Ech mengen och net, dass déi Direktiv hei déi Direktiv ass, déi an 2008 wäert iwwergoen, well ech mengen dach awer - virausgesat dass déi Länner, vun deene mer elo hei Rieds hunn, dem Kyoto-Protokoll net bäitrieden -, dass de Problem vun der Konkurrenz muss geléist ginn. Dobäi wëll ech elo net soen an net falsch verstane ginn, dass mer hei eppes maachen, wat kee Sënn huet, mä ech mengen, dass een awer dat am A hale muss, fir net de Risiko anzegoen, dass eng Partie Betriber, déi d'Méiglechkeet hunn, aus Europa hei ofwanderen a Länner, déi dem Kyoto-Protokoll hei net entspriechen. Dat géif net nëmme vum Kyoto-Protokoll hier kee Sënn maachen, mä dat géif och vun der Nohaltegkeet hier kee Sënn maachen, well dann Aarbechtsplazen hei verluer wieren an domat der Ekonomie dann och nach grousse Schued ugeriicht gi wär.

De Minister huet hei deen Artikel am „Monde" zitéiert, deen de Samschdeg dra war, vum Här Dollé an dem Här Collomb. Bon, ech mengen, wann een den Titel sou liest, da kann een dem Minister Recht ginn, awer wann een den Artikel liest, dann ass et esou, dass déi zwee Hären awer de Kyoto-Protokoll effektiv net a Fro stellen, mä dat, wat se wollte soen, dat ass dass de Kyoto-Protokoll e globale Problem ass an dass en och nëmme global ka geléist ginn. Mat deem, wat mir mat dësem Gesetz hei maachen, mengen ech, stëmme mer deem och nëmmen zou. An deem Sënn ass fir Lëtzebuerg a sech och déi Direktiv ee Segen hei, well se eis d'Méiglechkeet gëtt iwwert den Handel mat Emissiounsrechter eis Engagementer, déi mer zu Kyoto geholl haten - wéi gesot minus 28% - , ze respektéieren, dat am Kader vum „burden sharing" innerhalb vun der EU, déi sech zu minus 8% hei organiséiert huet.

Bei der Opstellung vun dësem Allocatiounsprogramm fir d'Betriber, déi 13 Betriber mat 19 Installatiounen, mengen ech, an opgrond vun deem Rapport vum Herr Ewringmann ass eis awer och richteg bewosst ginn, dass dat, wat bleift, wa mer d'Entwécklung mol héichrechnen, nach am gudde Sënn, dass mer dann awer d'Gefor lafen, dass eis dräi Milliounen Tonne wäerte feele fir eist Engagement ze respektéieren, dat heescht mir hunn à peu près zéng Milliounen Tonnen CO_2 zegutt. Wann et gutt geet, komme mer op 13 Milliounen, wann et net gutt geet, komme mer op 15 Milliounen. Da muss een awer wëssen a sech bewosst sinn, zumools wann ee weiderliest an deem Rapport an et zielt een dat alles zesummen, wat den Här Ewringmann u Méiglechkeeten opgelëscht huet am Kader vun den nationale Mesuren, an zielt een dann déi nach net dobäi, déi an der Etüd do waren, déi Greenpeace gemaach hunn, da geet et mam beschte Wëllen nach ëmmer net duer, fir d'Problemer mat nationale Mesuren ze léisen.

Ech si frou, dass de Rapporteur zu där Asiicht komm ass, déi an de leschte Joren net ëmmer d'Asiicht war vun der LSAP, well säi Virgänger an der Kommissioun, den Här Bodry hei, deen huet hei ëmmer ganz aner Theorië vertratt. Hien huet ëmmer drop gehalen, dass ee muss versichen, an do gi mer him jo och Recht, alles mat nationale Mesuren ze maachen. Dat heescht, en huet hei en Discours gefouert, wéi wann déi lescht Regierung um falsche Wee gewiescht wier, andeem dass se an hirer nationaler Strategie och d'Méiglechkeet vum Handel mat oder vum Ukaf vun Emissiounsrechter hei oprechterhalen huet.

Ech wëll och elo hei net falsch verstane ginn: Och mir an ech selwer wiere frou, wa mer dat mat nationale Mesurë kéinte maachen. Ech mengen, mir sollen och all Efforten drusetzen, fir dee Wee ze goen. Et kann och keen engem de Reproche maachen, dass een dat net versicht, do wou ee Verantwortung huet. Am beschten et fänkt een do bei sech doheem a sengem Haus un, andeem ee grénge Stroum keeft an et mécht een eng thermesch Anlag, oder wann een an enger Gemeng Responsabilitéit huet, dann ass ee speziell stolz, wa vum Här Kox dann déi Gemeng den Eurosolar-Präis och nach kritt. An dat mécht een och an deene Syndikater, wann een eng Schwämm ze hëtzen huet, déi CO_2-fräi fonctionnéiert. Et ass esou, dass mer do net nëmmen integral mat Biogas fueren, mä op där anerer Säit och grénge Stroum akafen. An dorop, muss ech soen, sinn ech perséinlech stolz.

Ech sinn awer net eefälteg genuch, fir ze mengen, wann ech déi Chifferen hei liesen an dem Här Ewringmann sengem Rapport - an do änneren ech och elo näischt no de Wahlen u mengem Discours -, dass mer dee Problem hei mat nationale Mëttele kënne léisen. Wa mer en iwwerhaapt mat nationale Mëttele kënne léisen, an dann nach nëmmen à moyen an à long terme, dann ass et, wa mer eis un den Tanktourismus eruwoen, an da muss een nach wëssen, dass een dat ganz gedam muss maachen an an enger gewësser Zäitspan, well soss eise Budget dach awer riskéiert e blot A ze kréien. Ech mengen, och domat géifen Aarbechtsplaze verluer goen, dofir mengen ech solle mer dat ganz iwwerluecht maachen. Bis dohinner wäerte mer dann awer op déi flexibel Mechanisme mussen zréckgräifen, wat den „emission trading" ass op där enger Säit, wat och Mesurë sinn am Kader vun „joint implementation" oder vun den CDMen.

Ech mengen och net, dass mer do sollen op de Wee goe fir Räbbi ze kafen. Ech mengen, mir solle schonn op de Wee goen, wou noweisbar ass, dass mer dat och seriö huelen. Ech sinn der Meenung, dass d'EU net wäert dolaanscht komme fir hei ganz kloer Konditioune festzeleeën, ënnert deenen de Gebrauch vun deene flexibele Mechanisme wéi deen zum Beispill vun „joint implementation" an och dee vum CDM hei kënne gebraucht ginn.

Egal wéi, dat hei wäert eis kaschten, an dofir ass an deem Gesetz hei och eng Regelung fonnt gi fir dat ze bezuelen; et ass ee Fong geschaf ginn. A sech ass dee Fong an der Rei, well e bal alles begräift, wat en nëmme ka begräifen, vum Fräikafe bis hin zu nationale Mesuren oder wat och ëmmer. Ech stelle mir allerdéngs d'Fro, wou mer d'Geld hierhuele fir dee Fong ze fëllen. Nodeem mer de Bensin jo elo scho méi deier gemaach hunn a mat deem Geld de Fonds pour l'emploi speisen, si mer nach erëm e Stéck do e bësse méi wäit ewech geréckelt fir aus deem Dëppen ze schöpfe fir de Kyoto-Fong dann ze speisen.

Mä dat gesot, wollt ech awer an dësem Kader eng Partie Froe stellen. Wéi gesot, mir hunn elo dee Fong hei, deen dann alles soll opfänke vun de Kyoto-Mesuren, déi musse geholl ginn. Den Här Minister ass elo net méi do. Ech géing awer am Fong gär wëssen, wat mat deem Volet Energie aus dem Fonds pour la protection de l'environnement geschitt. Bleift dee bestoen oder gëtt dat och heidran integréiert?

Ech wëll och wëssen, ob an Zukunft d'Dépensë vun deenen zwee Reglementer fir d'Particulieren nach virun op de Budget gebucht ginn, ob dat och hei an de Fong eraleeft. Ech wëll wëssen, ob déi Mesuren, déi mer am Kader vun deem neie Wirtschaftsförderungsgesetz d'lescht Joer geholl hunn, hei erakommen oder ob déi am Budget weider um Wirtschaftsministère ofgebucht ginn. Datselwecht gëllt fir dat Wirtschaftsförderungsgesetz fir déi Kleng- a Mëttelbetribercher. Ech wëll wëssen, wou déi Dépensen, déi verausgabt ginn um Niveau vun de Biogasinstallatiounen, elo finalement alleguer gebucht ginn. An deem System, wou mer elo sinn, fënnt eng Kaz hir Jong geschwënn net méi erëm, an dofir wier et vläicht gutt, wa mer hei iergendwann eng Kéier e bëssen Uerdnung géife schafen.

Op jidde Fall, wann ech dee Fong hei liesen, deen ass ganz komplett an entsprécht net den Iddië vum Här Bodry senger Proposition de loi, déi hien am Joer 2002 gemaach huet. Dat war eng ganz aner. Déi huet sech just op déi national Mesurë beschränkt. Do geet net Rieds vun Achats a Ventes vu Crédits d'émissions oder Échange de crédits d'émissions oder vun CDMen oder vun „joint implementation". Do schéngt mer och innerhalb vun der LSAP dach awer e gewësse Sinneswandel komm ze sinn.

Ech muss och soen, dass ech e bëssen d'Insistenz vum Rapporteur vermësse mat där den Här Bodry awer ëmmer un déi Saach hei erugaangen ass an deene leschte fënnef Joer, fir alles wëlle mat nationale Mesuren ze maachen. Ech ginn lech just e puer Aussoen, déi den Här Bodry hei ëmmer gemaach huet.

(Interruption)

Den Här Bodry huet gesot: „Et kann net sinn, dass mer géife probéieren iwwer ee Scheckheft, iwwer Suen, déi mer relativ völleg hunn a wahrscheinlech déi nächst Joren nach völleg hei zu Lëtzebuerg hunn, iwwer Projeten an Entwécklungslänner eis fräizekafen an ze mengen domat hätte mer ei-

sen Obolus, eise Bäitrag zum Klimaschutz international geleescht. Also national Moossnamen hunn absolut Prioritéit an där Fro."

Hien huet och emol gesot, dat war d'lescht Joer: „Et gesäit ganz dono aus, dass déi ganz Strategie géif dorobber erauslafen, dass mer, wéi mer dat als Lëtzebuerger allze oft scho gemaach hunn, eis mam Scheckheft géife fräikafen. An dat ass onmoralesch, wéi de Premier gesot huet, ech kann deem nëmme bäiflichten." Voilà.

D'Saach gesäit elo anescht aus. D'Sozialiste maachen elo een anert Gesetz, maachen dat, wat an der nationaler Strategie stoung, déi vun der leschter Regierung hei opgesat ginn ass, a wäerte vun deenen zwou Zorte vu Mesurë profitéieren, vun deenen nationalen a vun deene flexibelen, fir dësem Problem hei Meeschter ze ginn.

Op d'mannst war et esou, dass déi lescht Regierung eng Strategie gemaach huet, déi komplett war, déi och an deene leschte Jore vun der Demokratescher Partei, zesumme mat där Regierung an där se war, ëmgesat ginn ass. Op d'mannst ass d'Basis hei geluecht gi fir d'national Mesuren ëmzesetzen. Dat léisst sech net leegnen, an ech freeë mech schonn op déi Debatt, déi mer d'nächst Joer kréien am Kader vun der Lag vun der Natioun, wa mer de Rapport vum Ëmweltministère hei wäerten diskutéieren. Do kënne mer jo statistesch nogewise kréien, wat fir eng Entwécklung d'erneierbar Energien déi lescht Joren hei zu Lëtzebuerg hat.

An deem Kontext, an de Minister huet dat hei ugesprach, waarde mer dann och gespaant op déi nei Reglementer, déi hei wäerte kommen. Ech menge schonn, dass déi Reglementer mussen ugepasst ginn an an de Kontext vu Kyoto gesat ginn. Da mécht dat méi Sënn. Mir kommen awer och net derlaanscht déi 5,7% ze respektéieren, zu deene mer eis am Kader vun der Europäescher Unioun engagéiert hunn, wat déi erneierbar Energien ugeet. Dat wäert net esou einfach sinn, mä déi Mesuren, déi de Minister hei zum Beispill genannt huet, déi sinn eis scho bekannt, well déi hu scho virun de Wahlen an de Käpp gegeeschtert.

Ech mengen, et wier och vläicht richteg op ee Wee ze goen, fir dass ee vun deene Leit, déi wëlle Fotovoltaiksanlagen opriichten, awer verlaangt op d'mannst een Deel vun hirer Consommatioun mat gréngem Stroum ze bezéien. Déi Iddi schéngt mir net esou abwegeg, ech mengen dann hätte mer zwou Mécke mat engem Schlag getraff. Mä d'Sozialisten däerften et awer méi liicht kréie wéi mir et haten an der Regierung, fir dat Reglement hei ze ajustéieren, well jo elo awer am Budget e ganze Koup Geld virgesinn ass fir dat do. Ech gi jo awer net dovunner aus, dass déi Kreditter, déi elo do sinn, op wellechen Niveauen och ëmmer, wäerten zréckgoen. Dat wär, mengen ech, dat falscht Signal dobaussen. Et soll een elo déi Kreditter, déi do sinn, op deem Niveau hale wou se sinn, a versichen eppes Éierbares domat ze maachen.

Ech wollt just nach soen, dass deen Discours, deen hei ëmmer erëm gefouert ginn ass, fir alles mat nationale Mesuren ze maachen, esou gutt en och vläicht gemengt war, dach utopesch war. Deen Discours, deen awer zum Beispill vun der CSV am Kader vun de Budgetsdebatte gefouert ginn ass, vun hirem Rapporteur, deen hunn ech awer och net gutt fonnt. Ech mengen, och dat ass dee falsche Message fir als eenzeg Ausso iwwert d'Ëmwelt just d'Fotovoltaik als ee Faass ouni Buedem duerzestellen. Dat, mengen ech, wier och net gutt. Et ass och net gutt dee Kyoto-Protokoll, och wann een dat muss maachen, nëmmen duerch de finanzielle Brëll ze kucken.

An ech widderhuelen dat just hei, wat den Här Oberweis gesot huet, dass et hei net eleng ëm Sue geet oder ee Faass ouni Buedem, mä et geet u sech ëm d'Wuel vun den zukünftege Generatiounen. Ech sinn och perséinlech der Meenung, dat wat mäi Virriedner hei gesot huet, dass et hei wahrscheinlech ëm déi gréissten Erausfuederung geet, déi d'Mënschheet zënter hirer Existenz kannt huet, an ech mengen esou muss een dann awer och e Message vermëttelen, fir dass d'Leit sech dobausse mat där Situatioun, mat där Problematik hei ausenaner setzen, fir dass och si hire Bäitrag hei leeschten; e Bäitrag, deen déi meescht vun hinnen dann och zu 90% bereet sinn ze maachen, awer nëmme bei Ëmfroen an Enquêten.

A wann een da gesäit wéi et ass wann et drëms geet fir et fräiwëlleg ze maachen, dass mer dann awer meilewäit a sech dovunner ewech sinn. An deem Sënn kënnt de Législateur awer net derlaanscht fir déi Leit, déi net fräiwëlleg dëse Wee an absehbarer Zukunft wëlle matgoen, ze sanktionéieren - de Minister huet et sanktionéiere genannt - oder fir déi op eng aner Manéier dozou ze bréngen hir Verantwortung hei ze iwwerhuelen.

Den Här Oberweis huet ganz richteg hei gesot, net nëmmen d'Leit mussen hir Verantwortung huelen, och d'Politiker mussen hir Verantwortung huelen an dofir musse si déi legislativ Mesuren huelen, déi sech hei opdrängen. Ech mengen och, dass d'Leit dobaussen, wa se emol richteg opgekläert sinn a sech bewosst sinn ëm wat datt et geet, bereet sinn dee Wee hei mat ze goen. Et soll een a sech deeselwechten Discours féiere wéi deen, deen elo zënter enger Zäit gefouert gëtt vun der Regierung am Beräich vun de sozialen Ausgaben, wou jo och de Bierger op déi an absehbarer Zäit fälleg Ajustementer haut scho preparéiert gëtt. Deeselwechte Wee kéint een u sech och hei bei der Kyoto-Problematik goen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat Gesetz hei ass e gutt Gesetz, kee Wonner, et staamt jo och nach aus der Fieder vun där Regierung vu virdrun a mir hu jo och kee Grond no de Wahlen eis Meenung hei ze änneren. An dofir wäerte mir selbstverständlech dat Gesetz hei stëmmen.

Merci.

Plusieurs voix.- Très bien.

M. le Président.- Merci, Här Calmes. Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer kuerz op eisen Ordre du jour zréckzekommen.

6. Ordre du jour

Mir haten am Ufank vun der Sitzung gesot, dass mer géifen den Ordre du jour vun haut, déi Projeten, déi mer haut de Mëtten um Ordre du jour hunn, alleguerte fäerdeg maachen. Et ass awer elo an der Zwëschenzäit véirel bis siwen a bei dësem Projet eleng sinn elo nach zwee Riedner agedroen, déi am Ganzen eng Stonn Zäit brauchen, esou dass et Véirel bis aacht gëtt bis mer mat deem heite Projet fäerdeg sinn.

Et sinn eng ganz Partie vun Demanden u mech erugedroe ginn, vu dass d'Deputéierten net wossten, dass mer géifen iwwert déi normal Zäit erausfueren, e ganze Koup vun hinnen aner Engagementer haut den Owend hunn, esou dass ech géif mengen dass et besser wär, mir géifen dëse Projet fäerdeg maachen, dat gëtt ëmmerhin da véirel bis aacht, a mir géifen da mar de Moie weiderfuere mat deene Projeten, déi haut de Mëtteg net drukomm sinn. Esou wéi mer gesot gëtt, sinn d'Rapporteuren an och d'Ministere mar de Moien disponibel fir dat ze maachen an ech denken och, dass den Ordre du jour vu mar géif duergoe fir déi doten zwee Projete mat eriwwer ze kréien.

Ass d'Chamber mat där Propos d'accord?

(Assentiment)

Den Här Glesener freet d'Wuert.

M. Marcel Glesener *(CSV)*.- Just nach eng Zwëschefro, Här President: Et ass jo da kloer, dass mer mar de Moien ufänke mat deene Projeten, déi mer haut net evakuéiert hunn?

M. le Président.- Selbstverständlech. Mir fueren der Rei no, esou wéi se um Ordre du jour stoungen.

Ech wëll nach dobäi soen, well dat och nach eng Modifikatioun vum Ordre du jour ass, dass den 28. Oktober d'Chamber iwwert de Projet de loi 5321, betreffend de Bau vun engem Fleegeheem zu Klierf, ofgestëmmt huet. De Statsrot huet seng Dispens de 16. November ginn. Et huet sech awer erausgestallt, dass et bei der Opstellung vum Gesetzestext zu engem bedauerlechen Iertum koum, esou dass d'Chamber nach eng Kéier dozou opgeruff ass iwwert de korrigéierten Text ofzestëmmen. Dat maache mer da mar de Mëtteg no deem leschte Vote vun de Projeten, déi mer hunn. D'Familljekommissioun hat haut eng Réunioun an huet e Rapport complémentaire ugeholl.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Da wëll ech nach soen, dass mer exceptionnellement, well haut a mar eisen Ordre du jour wierklech kompriméiert ass a vill aner Obligatioune sinn, d'Votë vun alle Projeten, och déi, déi mer elo amgaange sinn ze diskutéieren, all Projete stëmme mer muer um Enn vun der Sitzung of. Voilà.

Gutt, dann ass dat alles esou décidéiert.

Den Här Minister Frieden freet d'Wuert nach.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Här President, d'Chamber décidéiert wéi se hire Programm mécht. Ech wëll just d'Chamber informéieren, dass ech muer de Moien awer misst um 10 Auer fortgoen, well ech hunn d'Visite vum portugisesche Justizminister en vue vun der Presidentschaft, a vu dass deen aus dem Ausland op Besuch kënnt, kréien ech dat net geréckelt. Wa mer also fir 10 Auer kéinten de Projet iwwert d'Polizeikooperatioun fäerdeg hunn, da wier dat aus eiser Siicht, aus menger Siicht hëllefräich.

Ech huelen un, d'Chamber geet um 8.30 Auer un?

M. le Président.- Jo.

M. Luc Frieden, *Ministre du Trésor et du Budget*.- Da misste mer jo um 10 Auer mat deem Projet fäerdeg sinn.

M. le Président.- Also, Här Minister, mat deene Riedner, déi ageschriwwe sinn, a mat deene Riedezäiten, déi mir ugi gi sinn, dierft et kee Problem sinn, dass mer an där Zäit do iwwert d'Ronne kéimen.

Voilà, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dat elo alles sou décidéiert, dann héiere mer elo nach zu dësem Projet zwee Riedner an dann ass d'Diskussioun ofgeschloss. Den éischte vun deene Riedner ass deen honorabelen Här Camille Gira. Här Gira, Dir hutt d'Wuert.

7. 5327 - Projet de loi 1. établissant un système d'échange de quotas d'émission de gaz à effet de serre; 2. créant un fonds de financement des mécanismes de Kyoto; 3. modifiant l'article 13bis de la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés (suite)

Discussion générale (suite)

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 5. Oktober dëst Joer sinn 250.000 Tonnen CO_2-Emissiounsrechter um europäesche Marché gehandelt ginn. Ier den europäeschen Emissiounshandel also legal existéiert, sinn also scho Leit, déi erkannt hunn, dass dat do dee Marché vun der Zukunft ass. An Expertë ginn dovunner aus, dass am Joer 2005, also d'nächst Joer schonn, wann déi 25 EU-Länner drun deelhuelen, ongeféier 150 Milliounen Tonne wäerte gehandelt ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, hei ass eng nei Währung geschaf ginn. De Wäert vun dëser Währung wäert de Marché bestëmmen an de Wäert vun dëser Währung ass de Moment ongeféier zéng bis 15 Euro pro Tonn. Déi meescht Expertë ginn dovunner aus, dass en awer, wann d'Kyoto-Mechanismen 2008 weltwäit a Kraaft wäerten trieden, steige wäert. Dat mengen ausländnesch Experten, dat mengen awer och Leit hei aus dem Land. Sou huet och d'Chambre de Commerce an hirem Avis complémentaire, deen haut komm ass, déiselwecht Meenung vertrueden.

Ech muss mech also wonneren - et ass schued, dass en net méi hei ass -, dass de Budgetsminister a senge Mëllechmeedechersrechnungen, déi en eis viru 14 Deeg hei virgeluecht huet an op déi ech nach wäert zréckkommen, vun zéng Euro d'Tonn am Joer 2012 ausgeet. Vläicht kréie mer awer nach d'Geleeënheet erauszefannen, wou en déi Quellen hier huet. Mir sinn do op jidde Fall ganz skeptesch a mir hunn op jidde Fall méi Leit, déi éischter eis Meenung vertrieden, dass dee Präis wäert gewalteg steigen, wéi déi dass en esou wäert bleiwen, wéi den Här Frieden eis an der Öffentlechkeet hei wollt wäis maachen - mä dozou komme mer nach.

(Interruption)

Well de Risiko ass grouss, dass ab 2008 et e weltwäite Manktem un CO_2-Emissiounsrechter gëtt. Et sinn zwar Leit, déi lo soen, lo wou Russland dobäi ass, sinn der relativ vill disponibel, mä et sinn nach eng ganz Rei Länner wéi Lëtzebuerg, déi et net fäerdeg wäerte bréngen hir Ziler ze erreechen an domat och op de Kaf an den Akaf um internationale Marché ugewise sinn, wat da ganz rapid kann dozou féieren, dass dës Präisser dramatesch wäerte steigen.

Och déi Gréng si frou, Här President, dass Europa déi nei Währung als éischt agefouert huet, an ech deelen do iwwerhaapt net dem Här Calmes seng Ängschten, dee fäert, dass awer vläicht do e Konkurrenznodeel entsteet. Mir sinn iwwerzeegt, dass dëse Fait den europäeschen Entreprisen e Konkurrenzvirdeel wäert verschafen, well nämlech ganz kloer d'CO_2-Emissiounsrechter am Ufank wäerte vill méi bëlleg si wéi an enger Rei Joren. A wann elo déi europäesch Entreprisë sech andecke kënne mat bëllegen Certificater, dann hu se e Konkurrenzvirdeel fir d'Zukunft, mä si sinn awer och déi éischt, déi weltwäit wäerten agestallt sinn op déi nei Donnéeën, si wäerte gewinnt si mat deem neien Instrument, mat där neier Währung ëmzegoen. Si wäerte sech astellen, si wäerten hir Betriber ëmstellen, si wäerte sech Strategië gi fir sou vill wéi méiglech vun deene Certificatë kënnen anzespueren an da souguer Geld domat ze maachen, well se se jo bekanntlech gratis zur Verfügung kréien a se dann um Marché verkafe kënnen.

An dass, Här President, d'EU richteg läit, weist, dass scho virun 2008 eng ganz Rei Länner sech wëllen dem europäesche System uschléissen. Norwegen, zum Beispill, wat jo net an der EU ass, mä natierlech Interesse huet mat senger grousser Uelechindustrie sou séier wéi méiglech op deem Marché do dobäi ze sinn, d'Schwäiz huet Interessen ugekënnegt, Kanada, jo och Japan. An et ass schonn hei erwähnt ginn, souguer an den USA gëtt et Leit déi, glécklecherweis, muss ee soen, méi wäit gesi wéi de President Bush. Et sinn eng ganz Rei Staten am Nordoste vun Amerika, mä awer och Kalifornien, amgaang en ähnlechen Handelssystem wéi den europäeschen op d'Been ze setzen a Quoten anzeféieren.

An dat ass och do kee Wonner, well grad déi amerikanesch multinational Firmaen hu jo keen Intérêt total dobaussen ze bleiwe bei deem ganze Mechanismus, well vill vun hinnen hunn egal wéi eng Rei Dépendancen a Länner, déi de Kyoto-Prozess net nëmmen ënnerschriwwen hunn, mä och wäerten ëmsetzen. Et ass evident, dass all déi Firmae sech mussen eng kohärent Strategie fir dee ganze Grupp kënne ginn an net op zweeërlee Zich fueren nach eng Kéier, deen an Amerika, dee mat deem do System näischt wëllt ze dinn hunn, a mat engem anere Been op engem Zuch, deen awer amgaang ass a Richtung Aspuere vun CO_2-Emissiounen ze fueren, sou dass, mengen ech, de President Bush do wäert glécklecherweis lénks vu senger eegener Industrie iwwerholl ginn.

A schlussendlech ass souguer scho China amgaang, obwuel et nach, bis de Moment op jidde Fall, keng Verflichtungen huet, sech prett ze maachen. China ass amgaange sengen Industrien Oplagen ze maachen a Verbrauchswäerter fir Autoen anzeféieren, well China ganz genee weess, ganz genee weess, dass et geopolitesch gesinn als zweetgréissten Emetteur op der Welt och eng Kéier net dolaanscht kënnt an dee Prozess hei anzeklammen, wann et wëllt an anere Beräicher mat Europa, mat anere Géigenden op der Welt zesummenzeschaffen, da kann et net aussen vor bleiwe bei Kyoto.

An, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Lëtzebuerg an deem Ganzen? Bon, et ass e bëssen erstaunlech, well normalerweis, wann et ëm Geld geet, dann hu mer jo eng gutt Nues, a mir richen et Kilometer géint de Wand, wann eppes an deem Beräich an der Maach ass. Abee, Lëtzebuerg huet eiser Meenung no d'Aféierung vun där neier Währung, vun där ech geschwat hunn, verschlof.

(M. Jos Scheuer prend la Présidence)

Wéi ass dat dann ze erklären? Eiser Meenung no hunn déi dräi lescht Regierunge sech am Dossier verschat, d'Schwieregkeet mat Kyoto ënnerschat an de Klimaschutz net eescht genuch geholl. D'LSAP-CSV-Regierung 1994 bis 1999 huet sech am Dossier verschat, an net, an dat wëll ech betounen, Här President, net beim Engagement vu minus 28%, wéi den Här Grethen, deen elo amgaang ass zur Dier erauszegoen, ëmmer hei der LSAP wollt wäis maachen…

M. Henri Grethen *(DP)*.- Ech bleiwen, wann Der schonn iwwer mech schwätzt.

M. Camille Gira *(DÉI GRÉNG)*.- …, andeem den Här Grethen hei der LSAP virgeworf huet, mat hirem Engagement zu Kyoto hätt se Lëtzebuerg op de Wee zréck an de Steenzäitalter wëlle féieren.

Ech wëll betounen, dass déi Regierung sech net do verschat huet